

Dann ass richteg gesot ginn, dass dee Réseau vun de Koordinatoren hei zu Lëtzebuerg bis dato relativ kleng gesponne war a mer net déi Norme méi erfëllt hunn, déi um europäesche Plang virgesi sinn, dat heescht, zwee Koordinatoren op d'Millioun Awunner. Mir haten en hallwen, deen a Véierel opgedeelt war. Mam Budget 2008 huet d'Chamber och de Feu vert ginn, fir déi Zuel ze verduebelen. Dat heescht, an Zukunft wäerte mer fir all déi grouss Zentren, wou och Organentnahme gemaach kënnen ginn, am Prinzip ee Koordinator zur Verfügung stoen hunn, wou d'Relatioun da mat den Haiser, mat den Equipen och verbessert ka ginn, wat extrem wichteg ass.

An deenen Diskussiounen, déi mer haten, an och am Avis vum CNE, ass ëmmer drop higewise ginn, dass déi Relatiounen tëschent deene verschiddenen Equipë misste verbessert ginn. Och do hu mer gehandelt. De 5. Mee komme mer mat de Koordinatoren, mat de Spideeler, mat den Dokteschverbänn zesummen, fir ze kucken, wou et dann heiansdo nach klemmt a wat mer kënnen maachen, fir dass, wann eng potenziell Organentnahm ka gemaach ginn, déi och ka realiséiert ginn. Also, och do si mer amgaang ze reagieren.

Da geet aus dem Avis vun der Commission nationale d'éthique ervir, dass entweder Gesetz- oder Reglements- oder awer Gesetz- a Reglementsännerungen noutwendeg wären.

Et ass esou, dass eng verschidde Liesweis besteet vun dem Artikel 11, deen och d'Madame Stein ugeschwat huet. Déi eng liesen en, dass dat net esou restriktiv ass. D'Commission nationale d'éthique liest en e bësse méi restriktiv. Et ass u sech net gutt bei engem Gesetz, dass et verschidde Liesweisen zouléisst. Ech sinn och der Meinung, dass, wann een eng Präzisioun dozou ka bréngen, een dat bei passender Geleeënheet op jidde Fall soll maachen. Där Geleeënheete wäerte mer an nächster Zäit bei aneren Diskussiounen kréien.

Wat awer och richteg ass, dat ass, dass mer net onbedéngt solle waarden, bis dass mer d'Gesetzännerung hunn, fir eng Upassung vun der Reglementatioun unzegoen, de Reglement unzegoen, mä dat soll een esou schnell wéi méiglech maachen. Mä et soll een dat awer mat Bedacht maachen, well sech do net nëmmen eng Rei vu juristesche Froe stellen, mä medezinesch Froen, a wann ee mat zwee esou komplexe Gebidder ze dinn huet wéi der Juristerei an der Medezin, dann huet een Intérêt, dass ee mat deene Richtege schwätzt.

Ech wëll awer soen, dass do och schonn eng ganz Rei vu gudde Propositionen an der Zwëschenzäit um Dësch leien. D'Commission nationale d'éthique, zesumme mat deene Responsabele vun Eurotransplant, zesummen och mat der Société de neurologie, huet konkret Propositionen op den Dësch geluecht. Mir wäerten eis Méi ginn, déi zesumme mat de Responsabele vun der Justiz a mat de Leit vum Terrain esou schnell wéi méiglech an d'Praxis ëmzesetzen.

Ech mengen, op där Sich no engem nationale Konsens si mer an deene leschte Méint erëm e gutt Stéck virukomm, well wann ee sech während enger gewëssener Zuel vu Joren net esou intensiv ëm eppes bekëmmert, vun deem een ausgeet, dass et jo misst rullen, well mer e Gesetz hunn, dat ëmmer zu deenen oppensten iwwerhaapt gehéiert huet, da geet et ebe just net domat duer, dass een der Meinung ass, dass d'Viraussetzunge geschaf sinn, mä et muss ee sech dorëm bekëmmern, a just dat si mer am Moment amgaang ze maachen.

Mir sinn och amgaang eis ëmzekucken, wat d'Sensibiliséierung vun de Leit dobaussen ugeet, wat eigentlech déi „best practices“ sinn. Well do gëtt et eenzel Regionen, eenzel Länner an Europa, déi an darselwechter Situatioun ware wéi mir, an déi duerch eng massiv Sensibiliséierungsinitiativ et fäerdeg bruecht hunn, fir elo am Spëtzepeloton erëm ze sinn.

Do geet et net dorëm, fir elo d'Konditiounen onverantwortlecherweis esou labber ze maachen, dass eigentlech jiddferee géif drënner falen. Dat wär irresponsabel an dat wëlle mer mat Sécherheet net maachen, mä kloer Konditiounen schafen an dann déi Étapes-clés kucken, wou een un d'Leit erukënn. An do gëtt et där Étapes-clés eng Rei, a mir sinn amgaang a Partnerschaft mat anere Kolleegen ze kucken, wou déi Étapes-clés sinn. Zum Beispill bei der Sécurité sociale, wou een net onbedéngt muss op d'Kaart markéieren, dass een Donneur ass, mä wou een awer, wann ee sech umellt, ka vun der Geleeënheet profitéieren, fir d'Leit mat där doter Problematik ze konfrontéieren.

Et gëtt aner Geleeënheeten, wou een en administrative Gang mécht oder muss maachen, wou een dat heite kann thematiséieren. Ouni dass et op eng Carte d'identité oder op e Pass soll kommen, sinn dat awer Geleeënheeten, wou, wann d'Leit Informatiounen virfannen iwwert d'Dons d'organes, iwwert d'Transplantatiounen, se sech domat auserneesetzen.

Ech wollt zum Ofschloss der Chamber e ganz härezeleche Merci dofir soen, dass se déi Bestriewungen ënnerstëtzt, fir an deem heite Beräich weiderzekommen, op eng ganz nuanciéiert Aart a Weis an - mengen ech - mat deem noutwendige Gespier dofir, ëm wat dass et hei geet.

Mir wäerten op där doter Lancée weiderfueren an hoffentlech schnell a mat der Zesummenaarbecht vun der Chamber kënnen déi reglementaresch an, wann noutwendeg, och legislativ Ännerungen maachen. Ech si ganz frou, dass an der Chamber och d'Meenung breet gedeelt gëtt, dass mer dat, wat am einfachsten ass, fir d'éischt solle maachen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass och dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt. Dat ass d'Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport d'activité vum Médiateur. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Santer, Bettel, Schneider, Mehlen an d'Madame Err. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Camille Gira als Rapporteur.

11. 5804 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2006-2007)

Rapport de la Commission du Règlement

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kënnt net all Dag vir, dass e Land sech eng nei Institutioun gëtt. Wann dat dann de Fall ass, dann ass et wichteg, dass een no enger gewësser Zäit déi Institutioun evaluéiert, kuckt, ob déi Ziler, déi ee mat dëser Institutioun wollt erreechen, och erreecht si ginn, an analyséiert, ob dës Institutioun déi Hoffnungen, déi a si gesat si ginn, erfëllt.

D'Chamber huet de 16. Juli 2003 déi nei Institutioun Médiateur agesat, an duerfir ass et gutt, dass d'Chamber haut eng éischt Evaluatioun vun der Institutioun Médiateur mécht.

Déi Debatt vun haut ass an der Petitiounskommissioun preparéiert ginn, an ech dāerf lech als Rapporteur d'Resultat vun deenen Aarbechten elo hei virdroen.

Ech wëilt och direkt am Ufank e ganz härezeleche Merci soen, un éischer Stell de Memberen aus der Petitiounskommissioun fir hir konstruktiv Mataarbecht an hir pertinent Bāitrāg zu dësem Rapport, lech all fir déi jeeweileg Kontributiounen an deenen anere Kommissiounen, Avisen, déi och agefloss sinn an dësen Débat d'orientation, dem Här Fischbach a senge Servicer fir déi gutt Kollaboratioun a schlussendlech der Madame Moris vum Greffe fir hir effikass Mataarbecht beim Ausschaffe vun dësem Pabeier.

Ech wëilt vlāicht, fir unzefānken, e bëssen no hannen den allgemengen Historique vun der Institutioun Médiateur kucken. Si geet zréck op eng Schafung vum Justitieombudsmann a Schweden 1809. Duerno huet et iwwer 100 Joer gedauert bis en anert Land - nämlech Finnland - eng āhnlech Institutioun an d'Welt gesat huet. Mā et ass eigentlech erēischt an der zweeter Halschent vum 20. Jorhonnert, wou se lues a lues an anere Lānner opkomm ass: Dānemark 1955; Norwegen '62; England '67; Frankrāich '73; Holland '81; Belsch '95.

Zu Lëtzebuerg ass eigentlech d'Institutioun vun engem Médiateur mat enger allgemenger Kompetenz précédéiert gi vun der Kreatioun vun enger Mediatioun mat méi Partikularcharakter, nämlech duerch d'Gesetz vum 25. Juli 2002 iwwert den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand. Virdru war awer schonn eng Kéier zu Lëtzebuerg eng Initiativ geholl ginn, fir eng Institutioun ze schafen, nämlech 1976 mat dem Dépôt vun engem Projet de loi iwwert d'Institutioun vun engem Commissaire général au contrôle de la gestion administrative de l'État et des communes. Dee Projet ass awer ni iergendwou bei engem Zil ukomm.

Eng zweet Initiativ ass du komm duerch eng Proposition de loi vun der Kollegin Madame Lydie Err iwwert d'Instauratioun

vun enger Ombudspersoun, déposéiert hei den 9. Mee 2001, e puer Méint virum Dépôt vum Projet de loi 4832, dee schlussendlech de Médiateur agesat huet.

Ab dësem Moment ass et vlāicht gutt op den Ėnnerscheed opmierksam ze maachen tëschent den Notiounen vum „Médiateur“ an „Ombudspersoun“. Währenddem de Médiateur eigentlech nēmmen Reklamatiounen unhēlt vu Bierger a Biergerinnen, wat de Fonctionnement vu staatlechen a kommunale Verwaltungen ubelaangt an den Affāren, wou Bierger sech ongerecht behandelt fillen, geet d'Aktioun vun der Ombudspersoun e gudde Krack méi wāit, well se sech dernieft och asetzt fir d'allgemeng Verdeedege vun de Grondrechter a Frāiheete vun de Leit, wēi se duerch eis Verfassung, mā och duerch international Traitēen assuréiert sinn.

Esou dass eigentlech, och wann deen Term sech ėmmer méi abiergert dobaussen, am Public besonnesch, de korrekten Term fir déi Lëtzebuurger Institutioun ēischer déi vun „Médiateur“ ass. Well d'Regierung hat Positioun bezunn opgrond vun der Proposition de loi vun der Madame Err de 24. Oktober 2002 an huet gesot, dass se léiwer zu Lëtzebuerg e Médiateur hātt, wēi eng Ombudspersoun.

Am Kontext vum Projet de loi ass zu Lëtzebuerg natierlech iwwert déi generell Opportunitéit vun esou enger Institutioun diskutéiert ginn. Den Exposé des motifs vum Document parlementaire seet: An engem Rechtsstat misst een - ech zitēieren - «créer les conditions permettant à chacun de jouir des droits universels et des libertés fondamentales». Et misst een deemno op neutral Mediationsinstanzen zréckgrāifen.

Sécherlech hat Lëtzebuerg schonn '78 d'Procédure administrative non contentieuse agefouert, a virun allem '95 déi administrativ Juridictionne mat engem Double degré de juridiction, mā d'allgemeng Meinung war awer, dass dës Prozeduren a Geriichtsinstanzen net géifen duergoen, fir de Leit an alle Fāll Satisfaktioun ze ginn.

Mir wēssen alleguerten, dass vun enger Sāit deemools ganz grouss Skepsis ugemellt gi war, nāmlech d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet fonnt, dass et net néideg wier, zu Lëtzebuerg esou eng Institutioun anzeféieren, well mer esou e klengt Land wieren a well jo hei jiddferee jiddferee géif kennen an deementspriechend och onkomplizéiert zu sengem Recht géif kommen.

De Conseil d'État huet dat awer och ganz anescht gesinn a war der Meinung, dass esou eng Institutioun absolut justifiéiert wier, well, och wa mer e klengt Land wieren, d'Prozeduren dofir awer net manner komplizéiert wieren, wēi a grouse Lānner, an dass och an enger klenger Verwaltung kéinten lertēmmer virkommen.

Als Zweet wēilt ech dann e bëssen de Médiateur a Relatioun mat deenen aneren Institutiounen kuerz beliichten. Wat de Médiateur prāgt, dat ass, dass hien eng onofhāngeg Autoritéit ass, neutral ass, deem seng Missioun dra besteet, individuell Reklamatiounen opzehuelen, wat de Fonctionnement vun öffentleche Verwaltungen ubelaangt, a Solutiounen ze proposéieren, ouni dass se obligatoresch sinn, am Respekt natierlech vun de Gesetzer an de Reglementer.

Och wann de Médiateur vum Grand-Duc op Propositionioun vun der Chamber nominéiert gētt, esou steet hien ėnner kenger anerer Autoritéit. Dat ass wirklech dat, wat hien auszeechent an och ėnnerscheet vun aneren Administratiounen a Servicer. Seng Onofhāngegkeet ass dat, wat hien auszeechent. Hien huet vu kenger anerer Autoritéit iergendwellech Uerderen ze empfānken.

De Médiateur huet natierlech ganz speziell Relatiounen mat der Chamber. Op déi wāert ech méi spēit nach eng Kéier zréckkommen.

Eigentlech huet hie keng direkt Relatioun mat der Regierung oder mat de Verwaltungen. Natierlech kann hie se awer zu all Moment abordéieren, fir Léisungen ze sichen, wann hie Reklamatiounen iwwert déi jeeweileg Ministēren oder Verwaltunge kritt huet.

De Médiateur ass och kee Riichter, dee Konflikter léist, andeem hie Recht walte léisst. Hie ka seng Missioun ausüben an Affāren, wou eng gerichtlech Léisung méiglech ass, awer och an Affāren, wou esou eng Léisung net oder net méi méiglech ass. Am Géigesaz zum Riichter proposéiert de Médiateur eng Léisung. An deem Sēnn ginn d'Pouvoirē vum Médiateur eigentlech méi wāit wēi déi vum Riichter, well hien och Reklamatiounen kann opgrāifen, déi sech net op juristesche Argumenter baséieren.

Natierlech kann de Médiateur net a lafend Prozesser agrāifen. An och e Geriichtsuerdeel kann hie selbstverständlech net a Fro stellen. Hie kann trotz allem awer nach saiséiert ginn, souguer wann all Rechtsweeē virum Riichter épuiséiert sinn.

Hie kann awer och - an och dat ass interessant - am Fall vum Netausféiere vun engem Geriichtsuerteel déi betreffen Instanz opfuerderen, dat Uerteel an engem Délai auszeféieren, deen de Médiateur selwer ka festleēen. Wann dann nach ėmmer keng Reaktioun kēnt, da kann hien e Rapport spécial un d'Chamber riichten an am Mémorial publizéieren. Allgemeng ėnnerbrēcht d'Saisine vum Médiateur net d'Délaiē virun de Gerichter; och dēst natierlech e fundamentalen Ėnnerscheed mat engem Recours juridictionnel.

All déi elo grad zitēiert Dispositiounen sinn natierlech vun der Suerg gedroen, fir eng kloer Trennung ze maachen tëschent de Pouvoirē vum Médiateur an deene vum Riichter. De Médiateur kann an dāerf sech net an d'Kompetenze vun de Riichteren amēschen.

Mir hunn zu engem gewēsse Moment an der Petitiounskommissioun och driwwer geschwat an diskutéiert, ob mer dann elo sollten de Médiateur an d'Lëtzebuurger Verfassung aféieren. Do waren ėnnerschiddlech Meenungen. Mir sinn awer insgesamt zur Konklusioun komm, dass, well de Médiateur en Organ vun der Chamber ass, et awer net néideg wier, hie spezifesch an der Verfassung ze erwāhnen.

Ech kéim dann zu deene méi spezielle Relatiounen an intensive Relatiounen tëschent dem Médiateur an eiser Chamber. Déi Relatiounen si relativ kloer am Gesetz vum 22. August 2003 festgeluecht, wat d'Nomination an d'Révocation ubelaangt, och d'Saisine vun de Reklamatiounen, d'Publikation vum Rapport an de Recommandatiounen en relation mat Modifikatiounen am gesetzleche Berāich.

An deem Zesammenhang ass et och vlāicht interessant ze erwāhnen, dass am Projet de loi eng eigentlech enk Relatioun tëschent dem Médiateur an der Petitiounskommissioun virgesi war. Mā do huet de Statsrot sech formell opposéiert, well hie gesot huet: Dat geet net, well d'Kompetenze vun der Petitiounskommissioun an d'Aart a Weis wēi se Petitiounen entgēintzehuelen huet an och nach wēi eng Petitiounen entgēintzehuele si sinn am Artikel 67 vun der Verfassung festgeluecht. An dat, wat Dir hei wēllt maachen, dat ass net konform zu deem, wat an deem Artikel steet.

Dat ass du gestrach ginn. A vlāicht - dat ass e bëssen eng persēinlech Interpretatioun - ass dat, well dunn net kloer gesot gi war, wēi dann, wann de Médiateur bis seng Aarbecht ugefaangen hātt, elo déi konkret Zesummenaarbecht tëschent him an der Chamber ze sinn hātt. Duerfir huet et och e bëssen Zāit gebraucht, ier mer e Modus vivendi fonnt haten tëschent deenen zwou Institutiounen. Gehollef huet no engem gewēssen Hin an Hier e positiven Austausch tëschent dem Médiateur an der Conférence des Présidents de 16. Abrēll 2007.

No där Entrevue sinn eng Rei Lignes directrices festgehale ginn, wou mer gesot hunn: Kommt, mir probéieren déi emol e Joer, annerhaleft Joer. A wann déi sech da confirméieren, wann ee gesāit, dass dat Sēnn mécht wēi mer virginn, dann ass d'Iwwerleeung do, fir déi Fonctionnementsaart a -weisen och an engem Reglement vun der Chamber definitiv festzehalen.

Dat geet u mat der Presentatioun vum Rapport vum Médiateur. Do hu mer déiselwecht Prozedur gewielt wēi déi wann de Budget déposéiert gētt. Dat heescht, et ass wuel eng öffentlech Veranstaltung, mā et ass keng öffentlech Sitzung. D'Press gētt invitéiert an de Médiateur presentéiert sāi Rapport an dësem Raum.

De Suivi vum Rapport huet d'Conférence des Présidents un d'Petitiounskommissioun delegéiert, déi soll en Débat d'orientation iwwert de Rapport veranstalten. Dat ass dat wat mer haut maachen.

Mā et ass natierlech kloer, dass déi Aarbecht nēmmen ka gemaach ginn an enker Zesummenaarbecht mat deenen anere

Kommissiounen. Datselwecht geschitt mat deenen eenzelne Recommandatiounen, déi de Médiateur esou séier wéi méiglech soll der Chamber zoukomme loossen. De Président gétt se weider un d'Petitiounskommissioun. Mir analyséiere se. Wa mir der Meenung sinn, dass mir selwer eppes kéinten domat maachen oder derfir suergen, dass se ëmgesat ginn, da bekëmmere mir eis selwer drëm. Wann net, an dat ass ganz oft de Fall, gi mer se weider un eng sektoriell Commissioun.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

De Budget vum Médiateur ass am Statsbudget festgesat. D'Interpretatioun vun der Chamber ass awer folgend, dass eigentlech dee Volet vum Statsbudget virdru misst vum Büro vun der Chamber approuvéiert ginn, an och d'Konte vum Médiateur gi vun der Chamber kontrolléiert an apuréiert.

Mir hu mat Freed festgestallt, dass de Médiateur sech souwuel qualitativ wéi quantitativ zefridde stellt mat sengem Personal. Wann een och d'Vitesse kuckt mat där e Reklamatiounen traitéiert, mengen ech, muss ee feststellen, dass déi Aarbecht ganz schnell erledegt gétt, esou dass et de Moment op jidde Fall net ausgesäit wéi wann do Personalmangel wier.

Och wa mir eis als Petitiounskommissioun géife virdrun hidden, an d'Rekrutementspolitik vun dem Médiateur anzegräifen, esou war awer d'Meenung opkomm, a mir wollte vläicht dem Médiateur de Message ginn, ob nieft deene ville Juristen, déi en huet, déi en natierlech brauch, et net awer utile wier, an Zukunft vläicht driwwer nozedenken, ob net och aner Berufsbiller, wéi zum Beispill Soziologen, Psychologen, a senger Equipe kéinte vertrauede sinn. Dat géif där ganzer Aarbecht sécherlech och nach kënnen dénglech sinn.

Mir hunn do gemengt als Petitiounskommissioun, et wier gutt eng Évaluation quantitative vun de Reklamatiounen an de Reklamanten ze maachen. Ech ginn net an den Detail vun deene Chifferen an. Dir fannt déi am schrëftleche Rapport. Et kann ee mengen ech no e puer Joer soen, dass d'Zuel vun de Reklamatiounen sech méi oder wéineger bei 900 apendelt.

Wat awer interessant ass, wann een emol de Bilan vun engem Joer kuckt, da wëll ech eppes ervirhiewen, wat vläicht net dacks an der Diskussioun zum Virschäi kënnt: Wann een d'Zuele vun de Réclamations non fondées, Désistement du réclamant, Demandes irrecevables a Refus d'examiner zesummenzielt, dann ass ee bal op 50% vun de Reklamatiounen. Fir awer och ze soen, dass ganz vill Leit, déi bei de Médiateur ginn, eigentlech onberechtegt Kritiken un der Verwaltung hunn. Vlächtt ass den Effet, dass déi Leit dat Gefill hunn, vun enger neutraler Stell gesot ze kréien, dass se Onrecht hunn, gradesou wichteg, wéi de Fait, dass de Médiateur a Fäll, wou d'Leit wierklech Recht hunn, eng Lösung ze fannen huet. Et soll een deen hei Aspekt vun deene ganzen Démarchen net ënnerschätzen.

Mir wieren als Petitiounskommissioun frou gewiescht, wa mer e bëssen eng Analys hätte kënnen maachen iwwert d'Kategorie vun de Leit, déi Reklamatiounen maachen: d'Nationalitéit, d'Geschlecht, den Alter an d'Qualitéit. Mir hunn awer du misse feststellen, dass bis op Weideres op jiddfer Fall de Médiateur net systematesch all déi Qualitéiten enregistreiert.

Mir hunn em proposéiert, dat an Zukunft vlächtt ze maachen; natierlech ënner vollem Respekt vum Dateschutz an dem Anonymat.

Wat een awer ka soen, ass, dass vu ronn 3.700 Reklamatiounen der 3.200 ronn vu Résidents aus dem Land gemaach si ginn an ëmmerhin awer praktesch 500 vu Leit, déi net hei wunnen. Et kann een dovun ausgoen, dass dat virun allem Grenzgänger sinn.

Wat awer interessant och nach ass, dat ass d'Klassifikatioun vun der Qualitéit vum Reklamant. Et ass nämlech esou, dass vu ronn 3.700 Reklamatiounen der 3.500 ronn vu Particulieren déposéiert si ginn, véier eigentlech nëmme vun Deputéierten an 158 si vu Personnes morales déposéiert ginn. E bëssen erstaunlech ass dat schonn, dass

net méi Deputéierten des Institutioun ewell notze fir hir Roll als Médiateur, déi se dach awer oft dobausse maachen, dass déi Roll net méi oft geholl gétt, well si ass ausdrécklech am Gesetz virgesinn.

Ech kann de Kolleegeinnen a Kollege wierklech dee Paragraph vun deem Gesetz nëmme recommandéieren an aus eegener Erfahrung soen, dass domadder ganz schnell eng Rei Saache kënnen evakuéiert ginn.

Natierlech hu mer och eng qualitativ Evaluatioun vun de Reklamatiounen gemaach a mir waren der Meenung, dass een déi vill Reklamatiounen, déi iwwert déi Jore komm sinn, a siwe grouss Kategorie kann aklasséieren.

Déi éischt ass de schlechte Fonctionnement vun de Verwaltungen. Hei reechen d'Reklamatiounen vun Neterreechbarkeet um Tëlefon bis zu kenger Äntwert an dem Verléiere vun Dossieren.

Déi zweet Kategorie ass de Mangel u Kollaboratioun tëschent eenzelne Ministèren a Verwaltungen. Hei kënnt dat classescht Ping-pong-Spillen tëschent de Verwaltungen zum Virschäin.

Drëtte Punkt: Mangel u Personal bei eenzelne Verwaltungen. Als Beispill kann een hei erwähnen: d'Caisse nationale des Prestations familiales, den Enregistrement beim Erëmbezuule vun der TVA um Logement. Hei kënnt eppes zum Virschäin, dass mir hei - et muss ee fairerweis soen, op Instigatioun vun der Regierung - ganz oft Gesetzer stëmmen, déi dobausse bei de Wieler a Wielerinne ganz oft ganz gutt ukommen, mä mer eis net oft genuch Froe stellen, ob dann déi jeeweileg Verwaltung, déi mam Ausféiere vun deem Gesetz a ganz oft besonnesch vum Ausbezuule vu Primèr concernéiert ass, och deementspreechend déi néideg Leit kritt huet.

Also wann do Verwaltungen heiansdo an e schlecht Liicht kommen, ech mengen, da misste mir an d'Regierung als Alleréischtt sech ganz oft selwer mat der Nues huelen.

Véiert Kategorie, dat sinn déi spezifesch Problemer, déi spezifesch Kategorien aus eiser Populatioun begéinen. Esou hunn ech scho gesot, dass eng ganz Rei Reklamatiounen awer vu Grenzgänger a Grenzgängerinne kommen. Natierlech hunn déi an eenzelnen Dossiere ganz spezifesch Problemer. Et konnt een awer och feststellen, dass eng net negligeeabel Proportioun vu Reklamatiounen vun Demandeurs d'asile erakomm sinn.

Déi fënneft Kategorie wéilt mer nennen: „d'Evolution mat der Gesellschaft“. Bannent där Kategorie gesi mer zwou Zorte vu Problemer, déi optauchen. Engersäits huet een d'Gefill, dass eis Législatioun net ëmmer mat der gesellschaftlecher Realitéit an der Mentalitéit dobausse Schratt hält. An dat Zweet ass, dass Reklamatiounen kommen, déi mat Schwieregkeeten ze dinn hunn, wéi eng Rei Gesetzer a Reglementer op nei Situatiounen an der Gesellschaft applicabel sinn. Ech denken hei u Scheedungsfäll an och u Ménages recomposés wou ee feststellt, dass e groussen Deel vun eiser Législatioun nach relativ ausgerichtet ass op déi classesch Famill an nach net onbedéngt alle Situatiounen, vu Familles recomposées zum Beispill, Rechnung dréit.

Sechst Kategorie: Hei stelle mer fest, dass, och wann dat nëmme punktuell ass, dat eent oder anert Lëtzeburger Gesetz net oder nach net konform ass zu internationale Konventiounen. Mir denken hei un den Droit de vote vu Verurteelter oder den anonymen Accouchement.

A schlussendlech, lescht Kategorie: Problemer, déi mam Fonctionnement vun de Geriichter ze dinn hunn, haaptsächlech wat d'Lenteur procédurale ubelaangt.

Mir hunn dunn och am Detail déi eenzel Recommandatiounen natierlech analyséiert, an Zesummenaarbecht mat deenen anere Kommissiounen. Ech wëll drun erënneren, dass de Médiateur bis op den Dag vun haut 31 Recommandatiounen veröffentlecht huet. An eisem Rapport hu mir der 28 behandelt. Déi aner dräi sinn duerno komm. Mir hunn natierlech déi Recommandatiounen an déi eenzel sektoriell Kommissiounen geschéckt an déi Avisen ageholl. Déi eenzel an detailléiert Avisé kënnt Der an der Annex zum schrëftleche Rapport fannen.

Ech muss lech awer gestoen, dass mer absolut positiv iwwerrascht waren a mat grousser Zefriddenheet festgestallt hunn, wéi séier an och wéi pertinent d'Avisé vun deenen eenzelne Kommissiounen erakomm sinn. Ech hu schonn ähnlech Prozeduren hei erlieft, déi net esou séier ofgeschloss waren a wou ee sechs Rappelen huet misse schreiwen, bis dann déi féierend Kommissioun sämtlech Avisen zesummen hat.

Ech mengen net, dass dat do en Zoufall ass. Fir eis war dat do de Bewäis derfir, dass an Tëschenzäit mir alleguerten hei als Deputéierten de Sënn vun dëser Institutioun agesinn hunn an all Kommissioun sech am Detail mat deene Recommandatiounen auserneegesat huet.

Och déi Recommandatiounen hu mer a Kategorien aklasséiert an et ass natierlech kee Wonner, dass een e gewëssene Parallellismus tëschent de Recommandatiounen an de Reklamante fënnt. Et ass jo och kloer, dass de Médiateur probéiert d'Reklamatiounen ze sammeln an dann, wann en der genuch an enger Kategorie zesummen huet, eng Recommandatioun erauszeginn. Mir hunn awer hei eng Kategorie weider. Mir hunn hei acht Kategorie gemaach.

Fënnef Recommandatiounen géife mer an déi éischt Kategorie astufen, wat d'Verbesserungsvirschléi vun eenzelnen Administratiounen ubelaangt.

Zwou Recommandatiounen an déi zweet Kategorie: Dat betrëfft éischter d'Koordinatioun vun eenzelne Ministère respektiv Verwaltungen.

Fënnef Recommandatiounen an déi drëtt Kategorie: Dat ass eng Opstockung vum Personal an enger Rei spezifesch Verwaltungen.

Sechs Recommandatiounen an déi véiert Kategorie: Dat si Verbesserungen an Ännerunge vun eenzelne Gesetzestexter, fir se un d'Realitéit vum 21. Jorhonnert an och un d'Mentalitéit an d'Gebräich vun dobaussen unzepassen.

Dräi Recommandatiounen an déi fënneft Kategorie. Do geet et e bëssen ëm d'Flexibilitéit an d'Empathie vun de Verwaltungen am Sënn vun enger Besserung vum Verständnis vun de Bierger a Biergerinnen, fir dass d'Bierger an d'Biergerinnen e bësse méi verstinn, firwat dann eenzel administrativ Décisiounen an eng gewësse Richtung geholl ginn.

Dräi Recommandatiounen an déi sechst Kategorie. Do geet et wierklech ëm d'Adaptatioun vun eenzelne Gesetzer un internationale Konventiounen. Dat sinn der net schrecklech vill, mä gutt, dat muss een awer och eng Kéier maachen.

Fënnef Recommandatiounen an déi siwent Kategorie. Do geet et ëm d'Verbesserung vum Fonctionnement vun de Geriichter.

Sechs Recommandatiounen an déi aacht Kategorie: e bessere Respekt vun de Rechter vun de Biergerinnen a Bierger.

Am nächste Kapitel hu mir da probéiert, den Impakt vun de Recommandatiounen bei hirer Transpositioun ze analyséieren. Et muss een ëmmerhi feststellen, dass vun deenen 28 Recommandatiounen, déi mir analyséiert hunn, der zéng schonn total bis haut ëmgesat sinn. Et muss ee ganz kloer soen, dass d'Regierung insgesamt ganz séier a ganz positiv op déi Recommandatiounen reagéiert huet.

Mir hunn eis jo och duerfir net laang opgehale am Rapport mat deene Recommandatiounen, déi schonn ëmgesat sinn. Mir wëllen natierlech als Petitiounskommissioun virun allem hannert deene bleiwen, déi nach net ëmgesat sinn, respektiv wou nach Divergenzen tëschent de Vuë vum Médiateur a vun der Regierung sinn.

Ech kommen dann zu deene Recommandatiounen, déi bis haut nach net oder net ganz ëmgesat sinn. Mir wäerten eis och hidden, iwwerall als Petitiounskommissioun iwwert de Fong vun deene Recommandatiounen Remarquen ze maachen, mä ech mengen, dass mir awer konnte feststellen an der och e puer konnten erausschelen, wou mir der Meenung sinn, dass awer en nationalen Débat néideg ass.

Mir denken do certes virun allem un eenzel Blocagé par rapport zu Recommandatiounen vum Médiateur am Kontext vum Fonctionnement vun de Geriichter. Mir sinn hei ganz virsiichteg, mir wëssen, dass mer eis hei op dënnem Äis bewegen, well mir natierlech déi Lescht wëlle sinn, déi d'Séparation des pouvoirs net wéilt respektéieren; mä näischt verhënnert awer, dass do ganz kloer Defiziter sinn. Duerfir muss een awer och doriwwer diskutéiere kënnen.

Mir stellen awer och fest, dass, wann am Ufank de Médiateur a senger Aarbecht ganz vill Schwieregkeeten hat, fir do ee Feedback vun de Geriichter ze kréien, hien a sengem leschte Rapport schreift, dass d'Situatioun sech awer schonn e bësse verbessert huet.

D'Membere vun de Kommissiounen hunn d'Vuë vum Médiateur akzeptéiert, mat Ausnahm vun eenzelnen Avisé vlächtt - ech denken do un d'Commission du Travail et de l'Emploi, déi vlächtt am skepteschste war

vis-à-vis vun där enger oder anerer Recommandatioun vum Médiateur.

Et kann een awer feststellen, dass duerch d'Bank déi parlamentaresch Kommissiounen d'Meenungen an d'Kritike vum Médiateur gedeelt hunn. An - wat ganz flott ass - eenzel Kommissiounen si souguer bei der Analys vun de Recommandatiounen méi wäit gaangen an hu selwer eigentlech nach zousätzlech Virschléi op dat geluecht, wat de Médiateur eigentlech scho gemaach huet. Sou kann ech als Beispill d'Commission juridique zitéieren, déi selwer och eng Rei Virschléi gemaach huet, fir d'Gerichtsprozeduren, besonnesch d'Instruktatiounen, méi séier ze maachen.

Mir zéien doraus d'Konklusioun, dass de Médiateur wierklech de Fanger an d'Wonn geluecht huet vun enger Rei wichtige Problemer a mer feststelle kënnen, dass hien duerch d'Bank vun der Chamber suivéiert gétt, an dass déi eenzel Chamberskommissiounen sech ganz kloer engagéiert hunn, fir an deenen nächste Méint a Joren do, wou mir gefuerdert sinn, fir eventuell eng Rei legislativ Upassungen ze maachen, och eng Hand mat unzepaken.

Da kommen ech zu deene Recommandatiounen, déi nach net ganz ëmgesat sinn, mä bei deenen awer eigentlech e Consensus politique besteet. Dat sinn der 14. Et géif wierklech ze wäit féieren, fir hei an den Detail ze goen. Natierlech wäerte mir als Petitiounskommissioun grad déi Recommandatiounen am A behalen a bei de jeeweilege Regierungsmembere respektiv Chamberskommissiounen nohaken, fir dass se net am Sand verlafen.

Da schlussendlech déi Recommandatiounen, wou zumindest bis haut nach kee Konsens fonnt ginn ass. Dat sinn der bis elo nëmme véier. A wann ech soe kee Konsens, dann heescht dat och net, dass d'Regierung oder d'Chamber d'Pertinenz net agesinn hätt, mä éischter, dass nach Differenzen iwwert de Wee bestinn, wéi een dann dem Médiateur sengen Empfehlunge ka Rechnung droen.

Bei zwou Recommandatiounen geet et ëm deen ëmmer erëm optauchende Problem vun der Dauer vun de Gerichtsprozesser an ëm d'Roll vun den Untersuchungsriichter. Eng aner handelt vun de Moyenen, déi d'Police gebraucht, bei Ausweisungen, an deene Mineurë concernéiert sinn. An déi lescht huet mat de Gerichtssexperten ze dinn, woubäi ee fairerweis muss soen, dass déi Recommandatioun relativ rezent ass, sou dass de Justizminister nach wéineg Zäit hat, ze reagéieren.

Fir dass och all déi Recommandatiounen, besonnesch déi, déi nach net ganz ëmgesat sinn, net a Vergiessenheet geroden, géif ech mir erlaben, am Numm vun der Petitiounskommissioun an och ënnerschréiw vun alle Fraktiounen a Gruppéierungen, eng Motioun eranzereechen, fir dass d'Regierung och net vergësst, dass do eng Rei Recommandatiounen ëmzesetze sinn.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant la loi du 22 août 2003 instituant un Médiateur, adoptée à l'unanimité en date du 16 juillet 2003;

- considérant que le Médiateur a débuté ses travaux au printemps 2004 et qu'il a, depuis lors, transmis chaque année un rapport d'activité à la Chambre des Députés;

- considérant que le Médiateur a par ailleurs publié vingt-neuf recommandations;

- considérant que les problèmes mis en exergue par le Médiateur dans ses rapports et dans ses recommandations sont des problèmes réels et font, pour la plupart, ressortir que certains groupes sociaux minoritaires au sein de la société luxembourgeoise ont plus de difficultés que d'autres à faire valoir leurs intérêts;

- considérant qu'un nombre important de recommandations ont d'ores et déjà été transposées dans la pratique par voie réglementaire ou législative;

- considérant qu'un consensus politique a été trouvé en vue de la transposition de la plupart des autres recommandations, mais qu'elles n'ont à ce jour pas encore été entièrement transposées;

- considérant qu'aucun consensus n'a encore pu être trouvé pour d'autres recommandations;

invite le Gouvernement

- à prendre les mesures nécessaires afin de transposer, dans les meilleurs délais, les recommandations N°6, N°7, N°8, N°11, N°14, N°17, N°18, N°20, N°21, N°22, N°23, N°24, N°25 et N°26;

- à se concentrer plus particulièrement sur les problèmes manifestes dans la fonction-

nement de l'administration judiciaire et, par tant, à reconsidérer les recommandations N°9, N°16, N°27 et N°28 dans le but d'une mise en œuvre concrète des solutions préconisées par le Médiateur.

(s.) Camille Gira, Xavier Bettel, Lydie Err, Robert Mehlen, Patrick Santer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu menge Konklusionen. D'Petitiounskommissioun war der Meenung, et sollt ee vun der Geleeënheet vun dësem Débat iwwert de Rapport vum Médiateur profitéieren, fir en éischte Bilan iwwert den Notze vun dëser neier Institutioun ze zéien. Mir waren iwwerzeegt, dass véier Joer nom Start vun den Aarbechte vum Médiateur deen néidege Recul do wier, fir dat ze maachen.

E Bilan mécht een am einfachsten, hu mir eis geduecht, andeem ee kuckt, wéi eng Ziler sech da gesat gi waren. Am Exposé des motifs vum Projet de loi vun deemools fënnt een der haaptsächlech dräi.

Éischtens, d'Asetze vun enger neutraler Instanz tëschent der Verwaltung an de Biergerinnen a Bierger.

Hei stellt d'Petitiounskommissioun mat Satisfaktioun fest, dass de Médiateur ville Leit konnt hëllefen, déi eng Décisioun vun der Verwaltung contestéiert hunn. Et ass een Dialog entstan tëschent de Verwaltungen an de Leit, an domat ass de Stat an eisen Aen erëm méi no bei d'Biergerinnen an d'Bierger bruecht ginn.

Et kann een och ganz kloer feststellen, dass de Médiateur d'Ulafstell, jo deelweis souguer d'Sproochrouer ginn ass vun enger Rei spezifesche Gruppen, déi éischter zu de Minoritéiten am Land gehéieren, déi vläicht kee kennen, deen ee kennt. Ech denken do zum Beispill un d'Demandeurs d'asile, un d'Prisonnier, un d'Frontalieren a nach aner Kategorien an eiser Gesellschaft.

Zweeten Objektiv, dee sech deemools gesat gi war: d'Realisatioun vun engem méi effikasse Petitionsrecht. Och wann de Médiateur aner Missiounen a Kompetenzen huet wéi mir als Petitiounskommissioun, sou hu mir dach festgestallt, dass seng Aarbecht eis eegen Aktiounen ka verstärken.

Ech ginn lech e ganz gutt Beispill: Dat ass d'Reform vum Règlement grand-ducal vum 16. November 1998 iwwert d'Berechnunge vum Loyer an de Sozialwunnengen.

Hei ware mir als Petitiounskommissioun befaasst mat enger Petitioun an de Médiateur mat enger Reklamatioun iwwert dees selwechte Sujet. Ech mengen kënnen ze soen, dass mir duerch eng concertéiert Virgehensweis vun der Petitiounskommissioun, vun der Commission des Classes moyennes a vum Médiateur schlussendlech et fäerdeg bruecht hunn, dass dee responsabele Minister, deen - ouni elo hei meng neutral Roll als Rapporteur ze verloossen - mengen ech net esou ganz begeschtert war, un dee Règlement änneren ze goen, dach awer agesinn huet, dass eng Rei Verbesserungen an Ännerungen néideg wieren. A mir hu mat Satisfaktioun festgestallt, dass viru kuerzem am Mémorial en neie Règlement grand-ducal publizéiert ginn ass.

Ech mengen och kënnen ze soen, dass et keen Zoufall ass, dass zënter dass de Médiateur do ass d'Zuel vun de Petitiounen, déi bei eis an der Petitiounskommissioun agereecht ginn, sensibel zrëckgaangen ass.

Ech mengen kënnen ze soen, dass virdu Leit, déi eigentlech eng eenzel Doléance mat eenzelne Verwaltungen haten, sech zu e puer zesummedoen hunn, fir dass si iwwerhaapt d'Méiglechkeet haten, eng Petitioun un d'Chamber ze riichten. Et ka keen Zoufall sinn no véier, fënnf Joer, dass mer där Petitiounen, déi an d'Chamber eragereecht ginn an déi awer och besonnesch mat Problemer an de Verwaltungen ze dinn hunn, bal keng méi hunn. Dass déi Zuel vun deene Petitiounen esou zrëckgaangen ass, ass keen Zoufall. Och dat ass e positivt Resultat.

A schlussendlech drëtt Zil: d'Stärkung vun der Demokratie an d'Entwécklung vun enger partizipativer Gesellschaft. Den Exposé des motifs ass vum Prinzip ausgang, dass an enger Demokratie déi öffentlech Verwaltungen de Rechtsregelen ënnerworfen sinn, an dass e moderne Stat seng Biergerinnen a Bierger misst u sengen Décisiounen deelhuele loosse.

Well awer festgestallt ginn ass, dass dat üblecht Zrëckgräifen op de Contrôle judiciaire et net erlaabt, séier an effikass op all Aspekter vum Fonctionnement vun den öffentleche Verwaltungen ze reagéieren, wollten d'Auteurs vum Gesetz eng neutral Mediatioun asetzen, fir tëschent den heiansdo ënnerschiddlechen Interesse vun

de Verwaltungen an de Verwalteten ze schlichten.

Hei stelle mir als Petitiounskommissioun fest, dass d'Institutioun vum Médiateur et de Leit erlaabt huet, vill méi einfach, méi séier, méi bëlleg a méi flexibel Mechanismen ze benotzen, wéi wa si hiert Recht op de Geriichter missten akloe goen.

Ausserdeem ass de Médiateur, ech hunn et scho gesot, e Sproochrouer gi vun de Leit an e Moyen, méi aktiv un den Décisiounen, déi si betreffen, deelzehuelen, also novollzéien ze kënnen.

Doriwwer eraus stellt d'Petitiounskommissioun mat grousser Zefriddenheet fest, dass de Médiateur dobaussen eng grouss Glafwierdegkeet genéisst, well d'Bevölkerung verstanen huet an apprécieert, dass hien iwwer alle politesche Clivagë steet an de Fonctionnement vum Stat an aller Objektivitéit beuerteelt.

Och stelle mer fest, dass déi Kritiken an déi Ängschten, déi virun allem vun der Chambre des Fonctionnaires publics geäussert gi sinn, onberechtigt waren. Am Géigendeel, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kann ee feststellen, dass dem Médiateur seng Aarbecht éischter derzou bäidréit, vun enger allgemenger „Staatsbeamtenschelte“ ewechzekommen. Amplaz weist hien op déi punktuell Problemer hin, déi an eenzelne Verwaltungen existéieren.

A wann hien dat mécht, da gëtt ganz oft kloer, dass déi Mësstänn net un eenzelne Beamten oder Beamtinnen hänken, mä éischter un enger schlechter Organisatioun vun der Verwaltung oder dem Service respektiv dass kloer Instruktiounen vun uewe feelen. Jo, de Médiateur huet sech an enger ganzer Rei Fäll kloer op d'Säit vun der Verwaltung gestallt, andeem hien drop higewisen huet, dass en akute Personalmangel herrscht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Petitiounskommissioun wëllt awer trotzdem drop hiweisen, dass trotz enger Rei Fortschréitter, déi de Médiateur an där kuerzer Zäit bruecht huet, säi Wierke schlussendlech un de Suitë gemooss wäert ginn, déi seng Recommendatiounen no sech zéien. Well eleng kann de Médiateur näischt bewierken. Hien ass op d'Asiicht an de gudden Wëlle vun der Regierung an op d'Ennerstëtzung vun der Chamber ugewisen.

Et ass un eis, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an eiser Kontrollfunktioon vun der Regierung, déi verschidde Recommendatiounen vum Médiateur ze ënnerstëtzen. Och wann eng ganz Rei Recommendatiounen schonn ëmgesat sinn oder nach amgang sinn ze ginn, wëlle mir als Petitiounskommissioun ofschléissend op e puer Punkten hiweisen, déi eis ganz besonnesch um Härer leien an déi esou séier wéi méiglech solle Suitë kréien.

Dat Éischt ass d'Asetze vun engem Conseil supérieur de la Justice. Mir maachen en Appel un d'Regierung, esou séier wéi méiglech e Projet de loi an deem Kontext auszeschaffen. Mir maachen awer och en Appel un eis als Chamber selwer, fir sech eege Gedanken an deem Kontext ze maachen an déi Gedanke vläicht der Regierung zoukommen ze loosse. Duerfir hu mer eng Resolutioun ausgeschafft, déi an deem Sënn soll wierken.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant que le Médiateur a publié la recommandation N°21, dans laquelle il recommande à la Chambre des Députés et au Gouvernement l'institution d'un Conseil supérieur de la Justice;

- constatant que la Commission juridique s'est d'ores et déjà exprimée en faveur de l'institution d'un Conseil supérieur de la Justice dans le rapport qu'elle a établi dans le cadre du débat d'orientation sur la sécurité intérieure au Luxembourg;

- constatant que la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle marque un grand intérêt pour la proposition du Médiateur et se rallie aux développements contenus dans le rapport de la Commission juridique sur la sécurité intérieure au Luxembourg;

- prenant acte du fait qu'un consensus politique a été trouvé en vue de la transposition de cette recommandation. En effet, par courrier du 30 avril 2007, le Ministre de la Justice a informé le Médiateur que le Gouvernement continue sa réflexion sur l'institution d'un Conseil supérieur de la Justice. Par ailleurs, dans la déclaration du Gouvernement sur la situation économique, sociale et financière du pays du 9 mai 2007, le Premier Ministre a confirmé que le Ministre de la Justice veut, dans le dialogue avec

tous les acteurs de la justice, promouvoir l'idée d'un Conseil supérieur de la Magistrature;

- constatant cependant qu'à ce jour ladite recommandation n'a pas encore été transposée;

invite la/les commission(s) parlementaire(s) compétente(s):

- à mener une réflexion approfondie sur l'introduction au Luxembourg d'un Conseil supérieur de la Justice, afin d'assurer un contrôle externe de l'administration judiciaire, un contrôle de la sélection des candidats à la magistrature et des promotions des magistrats ainsi que l'exercice du pouvoir disciplinaire au sein de l'administration judiciaire, tout en veillant à éviter d'instaurer un contrôle politique sur celle-ci et de remettre en question les principes constitutionnels de l'indépendance des juges et de la séparation des pouvoirs;

- à se pencher sur les grandes lignes à fixer en vue de l'institution éventuelle d'un Conseil supérieur de la Justice, et ceci dans le but de guider le Gouvernement dans l'élaboration d'un projet de loi fixant notamment la composition, les compétences et les modalités de fonctionnement de ce conseil.

(s.) Camille Gira, Xavier Bettel, Lydie Err, Robert Mehlen, Patrick Santer.

Den zweete Punkt ass wierklech d'Opstocke vum Personal vun der Caisse nationale des Prestations familiales, dat eigentlech ëmmer proportional zu den Zuele vun de Bénéficiairë misst an d'Luucht goen.

An drëttens a spéitstens wa mer erëm héieren, wat eis zu Stroossbuerg eventuell bevirsteet am Kontext mam Luxairs-Accident, da gëtt et wierklech héich, héich Zäit, dass mer eis Gedanke maachen iwwer lafend Affäre viru Geriicht; haaptsächlech iwwert d'Beschleunegung vun den Instruktiounen vun esou Prozesser.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech soen, dass d'Commission des Pétitions déi positiv Dynamik, déi d'Institutioun vum Médiateur zënter hirer Mise en place bewierkt huet, begréisst. Dës Dynamik kënn schlussendlech souwuel de Bierger a Biergerinne wéi och dem Stat selwer zegutt. Well eng vun den Hauptkonklusiounen, déi mir wëllen ervirhiewen, ass d'Tatsaach, dass déi eenzel Institutiounen am Land méi a besser zesummeschaffen, fir zesumme Konflikter ze léisen.

Ofschléissend, an dat ass net dat Mannst, stelle mer fest, dass de Médiateur sech a kuerzer Zäit eng grouss Kreditibilitéit erschafft huet a seng Plaz am institutionelle Gefüge vu Lëtzebuerg fonnt huet. Dernevent dréit hien, wa mir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëllen, zur Emanzipatioun vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung bäi.

An engem Saz, wéi an allem: Wann et de Médiateur net géif ginn, da misste mer en erfannen!

Merci villmools.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Patrick Santer. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

Débat

» **M. Patrick Santer (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur, dem Här Gira, fir seng ausféierlech schrëftlech a mëndlech Rapporte félicitéieren. Déi Berichter gi kloer d'Diskussiounen, déi an der Petitiounskommissioun stattfonnt hunn, an d'Aarbechte vun dārselwechter a vun de Fachkommissiounen erëm. Erlaabt mer an deem Kontext e puer Ausféierungen zu der Ausaarbechtung vun dëser Debatt.

Well et fir d'éischt ass, wou mer esou eng Debatt virzebereeden haten, hu mer eis an der Petitiounskommissioun och zur Prozedur Gedanke gemaach, wéi mer de Rapport vum Médiateur an dës Debatt sollte preparéieren. Mir hunn do eng éischter pragmatesch Léisung fonnt. Mir hunn déi parlamentaresch Kommissiounen zu Rot gezunn an deenen déi Recommendatiounen vum Médiateur geschéckt, déi an hir respektiv Kompetenze falen.

Aus den Äntwerte vun de Fachkommissiounen - a si hu sech all un déi Délaië gehalen, déi mer hinne ginn haten - hu mer an der Petitiounskommissioun d'Schlussfolgerunge gezunn, wéi et da mat enger eventueller Ëmsetzung vun deene verschiddene Recommendatiounen wier. Et ass, wéi gesot, eng pragmatesch Léisung, déi och bei deenen nächsten Debatten iwwert

d'Rapporte vum Médiateur soll weidergefuert ginn.

Duerch e Gesetz vum 22. August 2003 hu mer d'Institutioun vum Médiateur geschaf. Et ass also eng zimlech rezent Institutioun, déi, och wann dat Gesetz unanime an dësem Plenum ugehallt ginn ass, net ouni Retizenze vu verschiddene Säiten ugesi war.

Besonnesch huet deemools d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics d'Noutwendegkeet vun dëser Institutioun net agesinn. Esou huet déi Chambre an hirem Avis geschriwwen: «La Chambre n'est toujours pas convaincue de la nécessité de la mise en place d'un Médiateur dans notre pays, dont les structures ne sont pas du tout comparables à celles de nos voisins du fait que l'exiguïté du territoire et l'envergure relativement peu importante de sa fonction publique sont à la base de circuits administratifs extrêmement réduits.»

De Médiateur war ni - an d'Praxis huet dat och bestätegt - geduecht, fir der Verwaltung eng Scholdzouweisung ze maachen oder Mësstraue géigeniwwer der Verwaltung auszedrücken. Am Contraire. Et gound drëms, fir de Bierger der Verwaltung méi nozebréngen an ëmgedréint; fir déi Relatiounen ze vereinfachen an ze verbessern. D'Prozedure sinn heiansdo extrem komplex, d'Gesetzgebung och, an et ka virkommen, datt d'Bierger sech net einfach esou doran erëmfannen.

Dobäi kann een d'Gefill hunn, datt d'Verwaltung mat de Kenntnisser, déi se gesammelt huet, an der Praxis, déi se opgebaut huet, als déi méi staark Partei - well ebe méi Erfahrung - oprëtt an datt eng neutral Instanz muss geschafe ginn, fir als Vermëttler tëschent Verwaltung a Bierger ze fungéieren; zemools well d'Affären, déi un de Médiateur erugebroe ginn, net noutwendegerweis zu enger Gerichtsprozedur Ulass ginn.

Et muss een net all Affär, wou ee mat der Verwaltung net eens ass oder wou een d'Positioun vun der Verwaltung net als richtig ugesäit oder nach wou ee sech vun der Verwaltung benodelegt fillt, direkt op d'Geriicht huelen. De Médiateur bilt déi neutral alternativ Ulafstell, wou déi zwou Säiten - de Bierger an d'Verwaltung - kënnen hir Positioun duerleeën a wou se ugehéiert ginn, fir eng Léisung erbäizeféieren.

Datt d'Délaien, fir eng administrativ Décisioun um administrative Gerichtswee ze huelen, net duerch d'Saisine vum Médiateur ënnerbrach ginn, hätt kënnen d'Gefor mat sech bréngen, datt d'Bierger dës Délaië kéinte vergiessen an net méi anhale kéinten, wa se de Médiateur bis saiséiert hunn. Dës Gefor schéngt sech awer net réaliséiert ze hunn.

Mä net nëmmen hat d'Institutioun vum Médiateur am Ufank mat enger gewëssener Skepsis ze rechnen. Och de Médiateur, den Här Fischbach, hat am Ufank mat op d'mannst dräi Zorte vu Problemer eens ze ginn.

Éischtens, deen Term „Organisatioun“. Wéi den Här Fischbach genannt ginn ass, huet hie missen eng Organisatioun opbauen, intern Prozeduren opstellen an dat néidegt Personal sichen. Och wann hien hei op Erfahrung vum anere Médiateuren oder similären Institutiounen am In- oder Ausland konnt zrëckgräifen, war et bestëmmt net einfach, dës éischt Schrëtt ze huelen, fir souzesoen d'Institutioun mat Liewen ze féllen.

Dat huet hien och gutt gemaach. Ech sinn erfreut, datt de Médiateur souwuel qualitativ wéi quantitativ mat senger Equipe zefridden ass. Et soll een et dem Médiateur an him eleng iwwerloossen, wéi hie sech ze organiséieren huet. Dat huet hien och mat enger gewëssener Retenue gemaach.

Den zweete Problem - vläicht een, déi méi wéidoe kann - war de Choix, den Här Fischbach als Médiateur ze nennen. Dee Choix war vu verschiddene Säite kritiséiert an den Här Fischbach attackéiert ginn. Et ass gesot ginn, hien hätt keng spezifesch Ausbildung, hien hätt keng Kompetenz an dëser Matière, seng Nominatioun wär skandaléis an et wär e schlechten Ufank fir d'Institutioun vum Médiateur an dësem Land.

Esou Attacke sinn och net ëmmer perséinlech gutt ze verkaaften. Si loosse engem emol net Zäit, fir op seng Aktioun jugéiert ze ginn. Hei huet och den Här Fischbach mat senger Aarbecht an deene leschte fënnf Joer déi Lige gestrooft, déi hie perséinlech net fir déi Fonctioun adaptéiert gesinn hunn. Et soll een am Fong geholl d'Leit beuerteelen op dat, wat se schaffen, an net esou en Délit de sale gueule oder de sale apparence politique schafen.

Kann ee behaupten, dass den Här Fischbach mat senger Aarbecht der Institution vum Médiateur e schlechten Déngscht erweisen hätt? Kann ee behaupten, dass den Här Fischbach an deene leschte fënnf Joer senger Mission net gerecht gi wier oder dass hien dës Institution an e schlecht Liicht gefouert hätt? Op all dës Froen ass d'Äntwert ganz kloer: Neen! De Médiateur huet seng Aarbecht esou verriicht, wéi d'Chamber sech 2003 déi Institution virgestallt huet.

Dee leschte Problem - an net där mannster - ass deen, wéi de Médiateur sech géigeniwwer der Verwaltung a besonnesch de Justizautoritéiten ze positionéieren huet.

De Rapport vum Médiateur a seng Recommendationen, op déi ech nach wäert zrëckkommen, beweisen, dass de Médiateur eng realistesch a pragmatesch Approche mat der Verwaltung hat. Et ass him wierklech net drëms gaangen, d'Verwaltung ze attackéieren, mä am Contraire eng Léisung ze sichen, déi am Aklang mat de Gesetzer ass an och eng équitabel Léisung fir all Parteien duerstellt.

Am Ufank hat de Médiateur och méi Problemer mat de Justizautoritéiten, an dat, mengen ech, aus guddem Grund. D'Justiz ass net eng Verwaltung wéi eng aner. D'Justiz ass onofhängeg an et gëtt de Prinzip vun der Gewaltentrennung. Dëse Prinzip applizéiert sech och un de Médiateur.

Dem Gesetz no kann en net a Prozesser agräifen a kann nëmme bei der Ausféierung vun Uerteeler géigeniwwer der Verwaltung e Rapport spécial schreiwen, wat en awer bis elo nach net gemaach huet. Mä d'Justizautoritéit sinn net am Gesetz vun 2003 ausgeschloss ginn. Esou hunn d'Justizautoritéiten an de Médiateur missen eng Léisung fannen, fir op där enger Säit dem Prinzip vun der Gewaltentrennung Rechnung ze droen an op där anerer Säit zur selwechter Zäit d'Aarbecht vum Médiateur mat anzebannen.

Aller Anfang ist schwer. An esou huet de Médiateur sech dës Öftere missen iwwert de Mangel u Kollaboratioun vu Säite vun de Justizautoritéite bekloen, an d'Justizautoritéiten hunn och beklot, dass de Médiateur sech ze vill an hir Affäre géif amëschen.

A sengem leschte Rapport huet awer de Médiateur ënnerstrach, dass d'Relatioun sech verbessert hunn. An ech hoffen, wa mer bis endlech eng Gesetzgebung iwwert den Afferschutz hunn - déi sougenannt Arlésienne vun der Commission juridique, déi nach ëmmer op en Avis vum Statsrot waart -, dass d'Aarbecht vum Médiateur sech da wäert wesentlich vereinfachen, well do Plainten, déi bei der Justiz déposéiert ginn, och anescht wäerten traitéiert ginn an d'Aarbecht vun der Justiz sech och verbessere wäert.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wa mer iwwert d'Justizautoritéite schwätzen, wéilt ech awer e kleng Bémol bei der Aarbecht vum Rapporteur an dëser Debat afléisse loosse. De Médiateur huet zwou Recommendationen gemaach iwwer lafend Gerichtsaffäre strofrechtlecher Natur. Déi géifen, sot de Médiateur, ze laang daueren. Et kann een dat eventuell verstoen, mä et ass weder un der Chamber nach un der Regierung, sech mat Recommendationen auserneezenesetzen, déi mat lafende Gerichtsaffären ze dinne hunn. Eng generell Recommendation, déi u keng spezifesch Gerichtsaffäre geknëppt wier an déi net géif Elementer vun esou Affären opgräifen, wier hei méi ubruecht gewiescht.

Fir de Rescht ass et um Riichter, d'Längt vun der Prozedur mat a Kaf ze huelen, an et gëtt nach ëmmer de Wee op Stroosbuerg. Duerfir hu mer och an der Commission juridique generell Remarquë gemaach a wollten eis net mat dësen zwou Gerichts-

affäre beschäftegen. Dat wäert an dat muss och esou bleiwen. Duerfir ginn ech vun hei aus dem Médiateur mat op de Wee, dass e keng Recommendation méi soll maachen iwwer lafend Gerichtsprozeduren.

Här President, wat d'Reklamatiounen ugeet, esou muss ee feststellen, dass an der Period vum 1. Oktober 2006 bis den 30. September 2007 790 Dossiere vum Médiateur ofgeschloss goufen, dovunner méi wéi d'Halbschent entweder vum Médiateur verworfen goufen, als irrecevabel agestuut goufen oder wou de Plaignant sech désistéiert huet.

An 180 Fäll huet de Médiateur eng Léisung fonnt, a 45 Fäll huet en eng Deelléisung fonnt an an nëmme 64 Dossiere koum et zu kenger Eenegung mat der Verwaltung.

Dat ass vun deene Fäll, déi de Médiateur als recevabel ugesinn huet a wou de Plaignant seng Reklamatioun bäibehalen huet, nëmme e kleng Prozentsatz, wat d'Effikassitéit vun der Aarbecht vum Médiateur a gläichzäiteg och seng Noutwendegkeet ënnersträicht.

Ech wëll elo net zu alle Recommendationen, déi de Médiateur agereecht huet, Stellung huelen. Déi eenzel Fachkommissionen hu sech schonn dozou ausgeschat. Feststellen ass, dass och eng ganz Rëtsch vun de Recommendationen vu Säite vun der Regierung ënnersicht an ëmgesat goufe respektiv amgaange sinn ëmgesat ze ginn.

Ech wëll mech nëmme mat zwou Recommendationen befaassen: déi eng, déi vun der Commission de la Fonction publique an déi aner, déi vun der Institutionskommission an da béid vun der juristescher Kommission analyséiert goufen.

Déi éischt ass eng, a mengen Aen, fundamental: Wéi sinn d'Relationen tëschent de Bierger an hire Verwaltungen ze verbessern? Dat ass jo eng vun den Haaptaufgaben, wann net iwwerhaupt déi wesentlech Mission vum Médiateur.

D'Recommandatioun N°18 ass hei besonnesch wichteg. D'Membre vun der Chamber, déi méi dacks mat der Verwaltung ze dinne hunn, sollte sech déi Recommendation och op d'Long huelen an duerno d'Stellungnahme vun der Commission de la Fonction publique liesen: extern iwwerpréifte Verwaltungsprozeduren; uginn, wien um Dossier schafft, mat den Telefonsnummern; besseren telefonischen Accès bei verschidde Verwaltungen; Ariichtung bei verschidde Verwaltungen - der Sécurité sociale oder der Immigration - vun engem zentraliséierte Bureau d'accueil, och wann de Guichet unique net ëmmer einfach anzesetzen ass weinst der Komplexitéit vum Dossier; sech Délaïé ginn, an deenen den Dossier soll verschafft ginn; e bessere menschleche Kontakt, an dat och mat an d'Formation abannen; e Guide des meilleures pratiques administratives an och e Code de déontologie ausschaffen.

Dat sinn all d'Iwwerleeungen, déi de Médiateur proposéiert huet an déi och vun der Commission de la Fonction publique iwwerholl gi sinn.

D'Verwaltung solle sech och selwer evaluéieren, fir erauszefanne wou et hapert, wat ka verbessert ginn. Wou kann dem Bierger besser gehollef ginn? Wat brauch eng Verwaltung? Wéi kann d'Verwaltung sech un d'Besoiné vun de Bierger upassen? Wat kann ee vereinfachen oder duerch e méi groussen Zougrëff op d'Informatik, am lergste Sënn vum Wuert, verbessern?

Dat si Pisten, déi sollen, déi mussen iwwerducht ginn an déi och vun der Regierung an Ugrëff geholl gi sinn. E Service public muss sech senger Zäit upassen. D'Bierger och. Mä an enger Zäit vun der Evolution a ganz ville Beräicher ka weder de Bierger nach d'Verwaltung sech op Prozedure behaupten, déi vläicht virun 20 Joer gültig waren. Eng modern Verwaltung fir e moderne Stat, dorëms geet et.

Ech wollt och nach op eng aner Recommendation zrëckkommen.

D'Recommandatioun N°21 iwwert de Conseil supérieur de la Justice ass eng extrem wichteg Recommendation, well et geet ëm d'Verwaltung vun der Justiz. Dass d'Justiz onofhängeg ass a mat där Onofhängegkeet muss weder hir Aarbecht verriichten, ass evident a soll a kann net a Fro gestallt ginn. Et ass ee vun deene wichtegste Prinzipien an engem Rechtsstat.

D'Fro ass awer, wéi d'Justiz sech soll intern organiséieren. Soll dat de Justizministère maachen? Soll dat de Procureur général d'État maachen? All dës Léisungen hunn hir Nodeeler. Duerfir huet de Médiateur de Conseil supérieur de la Justice virgeschloen, deen zum Deel aus Riichteren, zum Deel aus Netriichtere bestoe soll. De

Conseil supérieur de la Justice wier zoustänneg ënner anerem fir d'Nominatiounen, d'Atellung, d'Promotiounen vu Riichteren ze iwwerpräiwen a fir d'Plainté vum Bierger zum Fonctionnement vun der Justiz entgéintzeuelen.

Hei huet de Médiateur sech beim belsche Modell, deen an der Folleg vun der Dutroux-Affäre opgesat gouf, inspiréiert. Natierlech gëtt et och aner Modeller. De Conseil supérieur de la Magistrature zum Beispill a Frankräich: Wann do nëmme ee Wuert ännert, Magistratur am Platz Justiz, ass a Frankräich dee Gremium nëmme mat Riichtere besat an un der Spëtzt, wéi wier et och anescht, de President vun der Republik.

Et gëtt och nach aner Modeller. A Schweden, an Holland an an England gëtt et eng eegent Verwaltung mat engem eegene Budget fir d'Justiz. Also d'Justiz administréiert sech selwer, sief dat finanziell, materiell, personaltechnesch, an huet och derfir riichtzestoen.

Et gëtt also en déif gräifenden Ënnerschied tëschent dem belsche Conseil supérieur de la Justice an dem franséische Conseil supérieur de la Magistrature.

An der Debat iwwert d'Sécurité intérieure, déi mer am Juli 2007 haten, huet sech déi juristesche Kommission fir de belsche Modell, also dem Médiateur seng Propos ausgeschat. Natierlech misst een do nach e puer kleng Korrekture maachen. Wéi zum Beispill de Pouvoir de nomination, deen de Médiateur der Chamber an dem Statsrot gëtt. Dat wier menger Meinung no net ganz mat der Onofhängegkeet vun der Justiz kompatibel. Mä dat sinn nëmme Detailer, déi näischt mam Prinzip ze dinne hunn.

Et kann ee sech och d'Fro stellen, an déi muss natierlech gekläert sinn: wéi vill Netriichteren? Wéi ass d'Proportion tëschent den Netriichteren an de Riichteren an deem Conseil supérieur de la Justice? Oder ob déi Membere vun deem Conseil, déi net an der Magistratur sinn, op alle Froe wierklech e Stëmrecht hunn, oder ob een d'Stëmrecht ka jee no Fäll adaptéieren.

Dat sinn awer nëmme Detailer, wéi ech sot. An d'Commission juridique souwéi d'Commission des Institutions souwéi elo zum Schluss d'Commission des Pétitions hu sech fir de Prinzip vum Conseil supérieur de la Justice ausgeschat.

Den Här Justizminister, deen amgaangen ass, dës Problematik an der Conférence nationale de la Justice mat Riichteren an anere Justizberuffer ze diskutéieren, kennt d'Position vun der Chamber, well mer och dee Conseil supérieur de la Justice an enger Motioun am Juli 2007 stoen haten.

Duerch dëse Conseil soll d'Onofhängegkeet vun der Justiz gestärkt ginn. Et geet bestëmmt net dorëms, d'Justiz ënnerdréckt ze kréien. D'Gerichter bleiwen onofhängeg. Eng Mise au pas ass duerch dëse Conseil supérieur de la Justice net erseht an d'Alternativ vun engem Conseil supérieur de la Magistrature bréngt d'Zilsetzung hei zu Lëtzebuerg net weider. Et sief dann, dass dëse Conseil supérieur de la Magistrature och déi intern Verwaltung personal-, finanziell- an immobilientechnesch iwwerhëlt, wat eise Gepflogenheete vun öffentleche Finanzen an och soss net entsprécht, entgéint deene vun anere Länner, zum Beispill vun den angelsächseschen oder nordsche Staten.

Duerfir soll an der Chamber a besonnesch och an de Fachkommissionen, sief dat déi vun den Institutionen oder d'Commission juridique, eng méi déif gräifend Reflexioun gefouert ginn, wéi esou e Conseil supérieur de la Justice - oder mir kënnen en och anescht nennen - soll ausgesinn.

Duerfir hunn ech och déi Resolution, déi den Här Gira elo grad deponéiert huet, ënnerschriwwen.

Här President, d'Recommandatiounen vum Médiateur sinn an där Hisiicht wichteg, well de Médiateur virschléit, wéi een d'Verwaltung ka besser gestalten, fir hiren Déngscht am Bierger méi effizient kënnen ze verriichten. Et ginn och Fuerderungen gemaach, fir eis Gesetzgebung unzepassen, do wou et néideg ass, fir den internationalen Verflechtung besonnesch hisiichtlech de Mänscherechter Rechnung ze droen.

Et muss een net op allem Punkt mam Médiateur eens sinn - ob dat Detailer sinn oder ob et sech ëm méi fundamental Saachen handelt. Mä wichteg ass awer, dass vu Säite vun der Regierung a vu Säite vun dëser Chamber dem Médiateur seng Recommendationen analyséiert ginn. Dat maache mir hei an der Chamber am Kader vun dëser Debat. Dat soll och d'Regierung weiderhi maachen an eng öffentlech Position huelen, wat d'Recommandatiounen

ugeet, déi bis elo net ëmgesat goufen. Dass och Zil an Zweck vun der Motioun, déi mer hei déposéiert hunn an och wäerten ofstëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no bal fënnf Joer, zënter deenen et dës Institution zu Lëtzebuerg gëtt, kann ee vun engem Succès schwätzen. De Médiateur gehéiert net nëmme zu eiser Verwaltungsan Institutionslandschaft, hien ass e wesentleche Bestanddeel vun eiser Demokratie. Duerfir begrëssen ech schlussendlech, dass de Médiateur weider Kompetenze kritt.

Säit engem gudde Joer ass hie schonn an Zesummenaarbecht mam Här Justizminister an dem Direkter vum Prisong vu Schraasseg och am Prisong present, well et muss een och wëssen, dass am Prisong Bierger sinn an dass een net, well een agepaart ass, seng Qualitéit vu Bierger verléiert.

Am Projet de loi 5849, deen den 13. Mäerz 2008 deponéiert gouf an deen de Protocole facultatif zur UNO-Konvention géint d'Torture ëmsetzt, gëtt de Médiateur als Kontrollinstanz vum Strofvollzuch agesat.

Dat kann een nëmme begrëssen an dat steet och, Här President, an der Motioun an deem Rapport iwwert d'Sécurité intérieure, dee mer am Juli gestëmmt hunn a wou och nach ganz aner flott Saachen dra sinn.

Schlussendlech Merci villmools fir Är Gedold, Merci villmools dem Médiateur fir seng Aarbecht an dass hien esou weiderfiert - et ass et wäert.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Santer. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydie Err. Entschëllegt, den honorabelen Här Bettel ass nach Riedner virun der Madame Err. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Ech wëll och fir d'éischt hei dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport.

Wat ass den Zweck an de Sënn vun dësem Exercice vun haut? Et geet jo dorëms, den Aktivitätsbericht 2006/07 ënnert d'Lupp ze huelen, dass heescht och dem Médiateur seng Recommendationen, déi hien an där Period formuléiert huet, ze analyséieren a le cas échéant Konklusionen doraus ze zéien.

D'Recommandatiounen si jo schonn an deene meeschte Kommissionen diskutéiert, debattéiert ginn, a jee no Beräich si jo och Konklusiounen gezu ginn.

Dësen Débat ass d'Resultat vun der Diskussion iwwert d'Relatioun tëschent der Chamber an dem Médiateur, enger Relatioun, déi ufanks net ganz kloer war. D'Conférence des Présidents hat schliesslech zrëckbehalen, spéitstens sechs Méint no der Veröffentlichung vum Rapport esou en Débat an der öffentlecher Sitzung ofzehalen.

D'Chamber, un déi de Médiateur jo dem Gesetz no rattachéiert ass an op déi de Médiateur...

» **M. le Président.** - Ech bieden ëm e bëssen Opmierksamkeet fir de Riedner!

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President.

...ugewisen ass, fir eppes beweegt ze kréien, notzt dës Geleeënheet awer och, fir eng Synthese ze maachen an och eng Aart Bilan no véier Joer Institution Médiateur ze zéien.

Et gëtt gekuckt, ob d'Ziler, déi mat der Aféierung vum Médiateur ugestriift goufen, erreecht sinn, ob d'Kritiken, déi am Virfeld geäussert goufen, nach relevant sinn oder sech als iwwerdrifwen erweisen hunn, an ob sech entre-temps och schonn eppes beweegt huet um Niveau vun enger verbesserter Relatioun tëschent de Bierger an der Verwaltung, a wat op dem Terrain nach ze maache bleift. Et soll och gekuckt ginn, wéi d'Fonction vum Médiateur eventuell an der Zukunft misst evoluéieren.

Ier een op déi verschidde Recommendationen ageet, kann een en Tëschebilan zéien, ouni am Detail op de ganzen Historique vum Schaf vum Médiateur wëllen anzeegen. Et kann een dorun erënneren, dass de Médiateur ënnert där leschter CSV/DP-Majoritéit agefouert gouf an an der Chamber hei och eestëmmege den Accord kritt huet.

D'Zil war et dozou bäizedroen, d'Relationen tëschent dem Bierger - dem Administré - an der Verwaltung ze verbessern.

Ouni ze ënnerstellen, dass dës fundamental schlecht waren, ass awer gewosst, dass op deem Gebitt Verbesserungspotenzial be-steet, och nach haut.

Et soll e Moyaen geschafe ginn, fir et dem Bierger ze erlaben, op méi eng einfach Manéier zu sengem Recht ze kommen, ouni dass hie muss op d'Gerichter goen. Duerch d'Analys vun deene verschiddenste Plainten, déi beim Médiateur agereecht ginn, sollt och gekuckt ginn, wou allgemeng de Schong dréckt a wéi een deem kéint ent-géintwierken.

Finalement soll och eng nei Philosophie ent-stoen, déi ënnert dem Drock vum Média-teur, och wann dat begrenzt ass, soll dozou féieren, dass d'Verwaltungen, awer och d'Gemenge méi en oppent Ouer fir d'Bierger kréien.

D'Aféierung vum Médiateur kann een deemno och als e Baustee vun der Réforme administrative considéieren.

Ech mengen, haut kann ee feststellen, dass an där kuerzer Zäit de Médiateur villes be-wierkt huet, zum Positiven, versteet sech, an dass d'Skepsis notamment vun der Beamte-kummer sech als iwwerdrifwen erweisen huet.

Et ass net dorëms gaangen, fir de Verwal-tungen an de Beamte stänneg de Prozess ze maachen, si géifen iergendeppes falsch maachen, mä et soll och dozou bäidroen, hir Aarbecht kënnen ze verbesseren an och vläicht ze erlichteren. Esou stellt de Mé-diateur fest, dass eng ganz Rëtsch vu Retarden oder soss Schwierigkeeten an der Kommunikatioun mat de Bierger op ze mann Personal an deene verschiddene Servicer hindeiten, sief dat an der Steuer-verwaltung oder bei der ADEM zum Beispill, wat d'DP jo schonn zënter ganz laang uprangert. Andeems d'Politik op esou Pro-blemer hiweist, ka si dozou bäidroen, d'Aar-bechtskonditiounen vun deene Beamten an Employéen ze améioréieren.

E Médiateur kann een also als eng Aart Arbitter gesinn, deen heiansdo eng Giel Kaart weist, ouni awer kënnen ee vum Terrain ze geheien. Hien ass op de po-litische Wëlle vun deene Responsabelen ugewisen. Leider huelen dann awer och duerno déi politesch Responsabel sech dem Médiateur seng Remarquen net deem-entsprechend zu Häerz.

Ech schwätzen zum Beispill vun der ADEM, wou den Här Minister Biltgen nach weess, dass ganz vill Aarbecht ass. A wann een d'Recommandatiounen vum Médiateur liest, dann huet den Här Biltgen nach op jidde Fall genuch Aarbecht an deem Beräich.

De Médiateur weist och op eng mangelnd Kooperatioun tëschent deene verschiddene Servicer, Verwaltungen a Ministère hin.

» M. le Président. - Här Bettel, den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

» M. Xavier Bettel (DP). - Hie wollt keng Fro stellen.

» M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Ech wollt just eppes feststellen. Ech hunn de Rapport vun der Chamber gelies, an dass do festgestallt ginn ass, dass mer zu all deene Recom-mandatiounen vum Médiateur eng Äntwert ginn hunn, andeem mer entweder tel quel dat gemaach hunn, wat de Médiateur gesot huet, oder op där anerer Säit eng Äntwert ginn hunn, vun där d'Chamber gesot huet, dat dote wär eng adequat Äntwert.

Dat wëllt net soen, dass mer net nach an Zukunft Aarbecht hunn, an ech sinn och iwwerzeegt, dass de Médiateur eis nach an Zukunft Recommendatiounen gëtt. Mä op déi Recommendatiounen, déi de Médiateur ginn huet iwwert d'ADEM, hu mer reagéiert, an esou huet de Bericht vun der Chamber dat och festgehalten.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Ech wollt lech soen, Dir hutt herno Zäit, fir d'Wuert ze ergräifen.

» M. Xavier Bettel (DP). - Mir gesi just, Här President, dass, wann ee bei der ADEM eppes wëllt froen, déi dann ëmmer ze vill Aarbecht hu fir déi wéineg Leit, déi do schaffen, an et nach ëmmer net duergeet. Ech mengen, dat war eng vun den De-manden, eng vun den Hauptdemandé vun de Recommendatiounen.

Den Här Minister Biltgen kann net beim Här Budgetsminister Frieden vläicht ze vill zéien, fir méi Moyaenen ze kréien, mä et wier flott, wa se an der Regierung kéintens eens ginn, well d'ADEM awer eng Institutioun ass, an déi d'Leit ginn, déi net ëmmer agréabel ass, vun där déi Leit awer wierklech Hëllef brauchen. Wann déi iwwerlaascht sinn, dann ass dat net am Sënn, fir kënnen de Chômage hei zu Lëtzebuerg op déi eng

oder op déi aner Manéier ze bekämpfen, op jidde Fall de Leit ze hëllefen, déi am Chô-mage sinn, fir eng nei Aarbecht ze fannen.

De Médiateur weist och op eng mangelnd Kooperatioun tëschent deene verschiddene Servicer, Verwaltungen a Ministère hin, eng Kritik, déi d'Demokratesch Partei och schonn an hirem 33-Punkte-Programm formuléiert hat. Ech zitieren:

„Verwaltungsreform sorgt für mehr Effizienz. Die DP ist der Meinung, dass eine Straffung der Organisation und prozeduralen Abläufe innerhalb der Regierung und Verwaltungen geboten ist. Besonders die Verwaltungsbereiche, die zwar unterschiedlichen Mi-nisterien unterstehen, in Wirklichkeit aber einen Bereich gemeinsam abdecken, müssen besser zusammenarbeiten, sich gegenseitig zuarbeiten indem bestehende Prozeduren und die Organisation überdacht werden. Hier ist beispielsweise an die Zusammenarbeit bei Betriebsgenehmigun-gen zu denken. Daneben drängen sich weitere Fragen in diesem Zusammenhang auf: Warum brauchen wir ein Wirtschafts-ministerium und ein Mittelstandsminis-terium? Warum brauchen wir mehrere Steuerverwaltungen? Ein Ministerium für Soziale Sicherheit und eins für die Nationale Solidarität? Warum haben wir keine klarere Kompetenzabgrenzung zwischen Staat, Gemeinden und dem konventionierten Sektor, wo oft mehrere Anbieter mittels ver-schiedener Finanzierungswege sich gegen-seitig konkurrenzieren?“

Den Här Angel wollt eppes soen, Här Pre-sident.

» M. Marc Angel (LSAP). - Vu wat schwätzt Der?

» M. Xavier Bettel (DP). - Ech hunn eisen 33-Punkte-Programm, deen d'Demo-kratesch Partei presentéiert huet, zitéiert. Do hutt Der elo matkritt, dass, wa mer deen hätte kënnen duerchkréien, op jidde Fall d'Situatioun haut scho besser wär.

(Interruption)

Net nëmmen a senger Fonctioun als Knou-termann, mä och als Berodungsservice: informer, conseiller, réorienter; dat ass dem Médiateur a sengem Service seng Devise. Hei fënn de Bierger, dee sech am Re-glementenschungel verluer fillt, en oppent Ouer fir seng Problemer. Schon eleng dowéinst ass d'Existenz vum Médiateur a sengem Service méi wéi berechtigt.

Et wär allerdéngs begrëssenswäert, wann déi eenzel Verwaltunge kéintens hiren eegene Berodungsservice aféieren an d'Bierger, déi e Problem oder soss Froen hunn, an hirem Service empfänken an hinne Ried an Äntwert stoen. D'Gemeng Lët-zebuerg geet mat hire wöchentleche Sprichstonnen dënschdes moies vun aacht bis néng fir d'Bierger hei mam gudde Beispill vir.

(Interruption)

Neen, neen. Här President, den Här Fayot huet vum City Breakfast geschwat. Mir hunn dat all dënschdes vun aacht bis néng. Da steet de ganze Schäfferot mam Buerger-meeschter de Bierger zur Verfügung wa se iergendeng Fro hunn. Dat ass och wat een nennt: Dialog mam Bierger an direkt Kom-munikatioun.

(Interruption)

Leider, Här President, sinn eis Verwaltungen nach ze vill hermetesch zou. Et kéint ee sech wënschen hei verschidden Diere méi grouss opzemaachen.

Wat de Choix vun der Persoun, déi d'Fon-ctioun vum Médiateur verkierpert, betrëfft, esou sinn déi Leit, déi un der néideger poli-tescher Impartialitéit vun dëser Persoun gezweifelt hunn, berouegt. Anerer, déi gehofft haten, si hätten et hei mat engem relativ bequeme Partner ze dinn, si mëttler-weil vläicht manner roueg ginn.

Et ass e Fait, dass hien, och wann déi Persoun aus de Reie vun där stäerkster Partei kënnt a selwer laang an der Re-gierung war, also an deem Camp, deen hien elo soll ënnert d'Lupp huelen, net zéckt, haart an dätilech ze soen, wou d'Kromm an der Heck läit. Fir verschidde Leit ze kloer a souguer ze dätilech. D'Fro bleift op, ob eventuell e politesch méi onbefaangene Médiateur nach méi onbequem wär.

Ouni elo dem Médiateur eng Zensur wëllen ausstellen, kann een awer soen, dass seng Aarbecht bis elo positiv ze bewäerten ass, woubäi een awer och muss eng Rei Remarqué formuléieren.

De Médiateur huet dem Gesetz no d'Flicht, doduerch, dass hien un d'Chamber ratta-chuéiert ass, dës prioritärent ze infor-méieren an hir - méi genau der Petitiouns-kommissioun - seng Recommendatiounen

zoukommen ze loosson. Ouni wëllen dem Médiateur seng Liberté d'expression a Fro ze stellen, mengen ech awer, dass een als Médiateur en enke Lien mat der Chamber net soll a Fro stellen an een net soll fir d'éischt emol an d'Press an an d'Medié goen an dann eréischt d'Chamber infor-méieren. De Médiateur soll nëmmen net zu engem Nol-op-de-Kapp-bis ginn.

Dem Médiateur seng Prärogative si per Gesetz kloer festgeluecht, wou et no-tamment heescht, dass de Médiateur sech weder kann an e lafende Prozess améschen nach eng Décision juridictionnelle a Fro stellen. Hien ass kee Richter. An dowéinst, wann een haut d'„Luxemburger Wort“ liest, kann ee liesen, dass an där Affär vun deem Ongléck mat der Luxairs-Maschinn de Médiateur jo reagéiert hat. Ech verstinn, dass een op där enger Säit, wann ee saisiéiert gëtt vun Demandé vu Leit, do och wëllt reagéieren, mä et ass wierklech net dem Médiateur seng Roll, fir an oppene Prozesser Commentairen ze maachen iwwer Aarbechte vu Riichter. Ech wäert nach zum Schluss dorobber zrëckkommen.

Wann een de Rapport 2006/07 kuckt, wéi eng Verwaltung vu Reklamatiounen beträff waren, gesäit een, dass d'Sécurité sociale mat 130 Affären op „Number one“ war; virun der Fiskalitéit op der Nummer zwee mat 122; der Immigration - mam Permis de travail, Visaen, Pass - mat 105 Affären; d'Gemengen insgesamt mat 75 Affären; d'Caisse nationale des Prestations fa-miliales mat 67 Affären, an d'ADEM mat 50 Affären.

Ech weess net, wat ee vun enger detail-léierter Kategorisation vun de Récla-manten no Geschlecht, Nationalitéit, Alter a Qualitéit soll halen. Ech war net begeesch-tert; ech hat dat och schonn an der Kom-missioungesot.

Wann een d'Reklamatiounen kuckt, esou kann een och feststellen, dass oft eng gewëssen Inadaptatioun vun eiser Gesetz-gebung par rapport zur Evolution vun eiser Gesellschaft besteet, notamment wat d'gläich Rechter fir aner Formen vun Zesum-meliewe betrëfft, wat nei Familjereforme betrëfft an esou weider. Hei mécht sech e Besoin no enger neier Gesellschaftspolitik dätilech. En Terrain, wou d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei sech bekanntlech schwéierdeet.

(Interruption)

Concernant le Conseil supérieur de la Jus-tice an de la Magistrature, schlëissen ech mech de Wierder vum Här Santer un: Et wier wichteg, dass een an der Magistratur kéint en Organ hunn, fir kënnen Sanktiounen ze huelen, wann iergendeppes net geet oder fir en Uerder ze ginn. Mä wéi gesot, dat ass net d'Roll vum Médiateur.

Här President, d'Regierung huet 2001 an hirem Gesetzesprojet fir de Médiateur e bewosste Choix gemaach. De Médiateur soll ebe keen Ombudsmann, wéi e virun allem an de skandinavesche Länner be-steet, ginn. D'Madame Err hat eng Propo-sition de loi gemaach, déi an déi Richtung vum Ombudsmann gaangen ass. D'Cham-ber huet déi deemools jo net ugehall. An der Prise de position vun der Regierung zur Positioun vun der honorabler Madame Err huet d'Regierung deemools argumentéiert, dass dës Fonctioun scho vun der Com-mission consultative des droits de l'Homme garantéiert géif.

Mä net nëmme wat de Champ d'action vum Médiateur betrëfft, ënnerscheet dëse sech vum Ombudsmann, mä och vu senge Rechter. Am Géigesaz zum skandina-veschen Ombudsmann kann de Lëtzebuer-gesche Médiateur sech net selwer sai-séieren an hie ka keng contraignant Me-suren ergräifen. An trotzdeem gi béid Be-grëffer permanent matenee verwiesselt, wouzou eise momentane Médiateur net onwesentlech bäidréit. Geet een zum Bei-spill op den Internet www.Mediateur.lu kucken, kritt een eng Feelermeldung. Dës Säit gëtt et net. De richtigen URL ass nämlech www.Ombudsmann.lu. Wann Der et dréckt, hutt Der och Ombudsmann als Titel: Le médiateur au service des citoyens.

Dëst wier jo nach alles net der Ried wäert, wann een net den Androck géif kréien, dass och inhaltlech béid Konzepter no an no géife matenee verméscht ginn. Mam Geset-zesprojet 5849 soll nämlech d'Aufgabe-gebbt vum Médiateur ausgedehnt ginn. Mat der Ratifikatioun vum Protocole facultatif à la Convention contre la torture et autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants soll de Médiateur elo alle-guerten d'Lieux de détention iwwerpräiwen. Dat heescht, d'Prisongen, de Centre de rétention, d'Établissements psychiatriques, d'Cellule d'arrêt an de Centre socio-édu-catif. D'Zil vu senger Missioun wier «d'as-surer le respect des droits fondamentaux

dont les personnes privées de liberté demeurent titulaires».

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen eis ee fir allemol eens ginn, wat mer wëllen. Wëlle mer den Ombudsmann oder e Médiateur? Wëlle mer e Vermëttler bei administrative Reklamatiounen oder wëlle mer eng Institutioun, déi d'Anhale vun eise grondleeënde Mënscherechter iwwer-waacht? Déi schlechteste Léisung wier, wann deen een d'Aufgabe vun deem anere misst assuréieren.

Här President, et entbehrt net enger ge-wësser Komik, dass am Team vum Mé-diateur haut och keen eenzeg diploméierte Médiateur ass; wou et déi For-matioun jo awer och gëtt. Et handelt sech ausschliesslech ëm Juristen. Wann et bei der Aarbecht vum Médiateur prioritär ëm administrativ Virgänger geet, ass dat jo och kee Problem. Soll de Médiateur awer an Zukunft och fir d'Anhale vun de Mënsche-rechter an de Centres de détention zou-stänneg ginn, bräicht een dann net och e Psycholog, e Médiateur oder en Dokter an deem Team?

Här President, wann een de Gesetzesprojet 5849 vun der Regierung duerchliest, kritt een den Androck, dass se net genau wëssen, wat do op de Médiateur wäert zou-kommen un Aarbecht. Dëst wäert net ouni weider finanziell a personell Opstockung goen.

Mä net nëmmen um Niveau vum Médiateur deet sech eppes. Den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand weist säit Méint zu Recht op seng prekär finanziell Situatioun hin. Si hunn hire Wonsch zum Ausdrock bruecht, fir eng ähnlech Struktur ze kréie wéi de Médiateur. Mir haten eng Dis-kussioun an der Commission de la Famille, wou den Här Adam och eng Proposition gemaach huet, wou mer awer och nees eng Kéier gespuert hunn, dass déi gréisste Partei hei an deem Parlement e bësse frileux wär vis-à-vis vun enger Locatioun direkt elo. Fir dass den ORK kéint selbststänneg fonctionnéieren, wier et nämlech opportun, esou e Comité an engem Familjeministère ze integréieren, fir eng Indépendance kënnen ze garantéieren. Ech zweifelen drun.

D'Commission consultative des droits de l'Homme huet och hire Wonsch zum Aus-drock bruecht, fir eng legal Basis ze kréien an domadder endlech dem Principe de Paris entsprieche ze kënnen, deen d'UN '93 festgeluecht huet fir déi national Mënscherechtsghremien.

Här President, dëst weist, wéi néideg mer eng kohärent Approche am Beräich vum Schutz vun den individuelle Rechter vun de Bierger bräichten. Dëst weist och, wéi wichteg eng enk Kollaboratioun vun dësen Instanze wier. Dëst weist och, wéi wichteg et wier, e gemeinsame Pool vu Kompeten-zen opzebauen. Engem Kand, dat zu Schraasseg sëtzt, ass et egal, ob seng Rechter vum Médiateur oder vum Ombuds-comité vertruete ginn. Mir musse just ga-rantéieren, dass esou gutt wéi méiglech seng Rechter garantéiert ginn. Et ass him egal, wie sech dorëms këmmert.

D'DP huet den allergréisste Respekt virun den Aarbechten, déi bis elo an dëse Gremië gelescht goufen. Ech wëll just erënneren un déi exzellent Avisé vun der Commission consultative zum Centre de rétention oder vum Ombudscomité zum Office national de l'enfant. Grad duerfir ënnerstëtze mir d'Fuerderung no enger klorer legislativer Basis, no enger absoluter Onofhängegkeet an enger approvéeierter finanzieller a per-soneller Ausstattung fir dës Gremien.

Mir sinn awer och der Meenung, dass am Intérêt vun de Bierger eng effizient Kolla-boratioun tëschent deenen Institutiounen muss stattfannen an e gemeinsame Pool u Kompetenz muss opgebaut ginn.

Här President, ech wëll ofschléisse mat enger Remarque zur Positioun vum Mé-diateur an der politescher Diskussioun. An der Prise de position vun der Regierung am Joer 2002 gëtt de Médiateur als Conciliateur neutre bezeechent. Bei senger Fonctioun ass et och wichteg, dass déi neutral soll bliiwen.

No all deem Luef, dat ech awer elo vis-à-vis vum Médiateur hat, muss ech eng Kritik

äusseren. Déi Kritik baséiert sech op d’Affär Bommeleeër. Um Datum vum 31. Januar 2008 war nämlech ze liesen um „wort.lu“: „Fischbach kritisiert Vorgehen der Staatsanwaltschaft. Ombudsmann Marc Fischbach hat in der ‚Bommeleeër-Affäre‘ für mehr Sorgfalt und Augenmaß bei den Ermittlungen plädiert.“

Ech zitéieren den Här Fischbach: „Es beängstigt mich, dass Politiker wie Henckes, Bettel und Co. die Ermittlung führen“, sagte der ehemalige Justizminister am Donnerstag im Wort-Gespräch.“

(Interruptions diverses)

Déi eng kënnen hei soen: Wou hie Recht huet, huet hie Recht.

(Interruptions diverses et hilarité)

» Une voix.- Den Här Colling, dee sot dat.

(Interruptions, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

» M. Xavier Bettel (DP).- Ech soen elo net, wat den Här Colling gesot huet, mä an den CSV-Reien ass vill Onrou oder op jidde Fall vill Diskussioun an deem Dossier.

Ech fanne just, Här President, wann ee selwer Justizminister war au moment des faits, wann ee selwer haut Ombudsmann ass a sech net soll an d’Justiz amëschen, wann ee selwer jo awer net soll d’Aarbecht vun den Deputéierten an d’parlamentaresch Aarbecht kritiséieren, well dat och net seng Roll ass, firwat huet en Ombudsmann an enger Zeitung, am „Wort“, also um „wort.lu“, um Datum vum 31. Januar 2008 esou en Interview ginn?

Ech muss lech soen, et war en Interview rapide oder éclair. Net rapide, well et séier geschriwwen ginn ass, mä et war net laang do. Et war nämlech mëttes ze liesen um Internet, a wéi ech dat gesinn hunn, sot ech: Ma dat dote geet jo awer net, dat doten ass jo awer net d’Roll vum Médiateur, dat ka jo net sinn! Dunn hunn ech eise Chambers-president e Bréif geschriwwen, an deem ech gesot hunn: Här President, dat dote geet net! Wat ass do lass? Den Här Fischbach huet sech do net anzemëschen. Den Här Fischbach huet do net de Procureur ze kritiséieren.

Den Här Fischbach huet och net ze soen: „Unmöglich“, findet es Fischbach, wenn Staatsanwalt Biever bereits am Samstagabend eine Pressekonferenz für den folgenden Sonntag einberuft, als die Verhöre der zwei Verdächtigen noch liefen.“

Jiddferree kann eng Meenung hunn. Mä als Médiateur maachen ech keen Interview, wou ech selwer net an de Prozess soll agräifen iwwert deen dote Fall, wou ech selwer jo awer Justizminister war. Dat geet net!

Duerfir hunn ech dunn dem Här Chambers-president e Bréif geschriwwen.

(Hilarité)

Dunn huet missen iergendeppes geschéie bei „wort.lu“. Well nämlech um Site - ech hat et Gott sei Dank geprint - war den Artikel fort.

An dunn hunn ech mer geduecht: Wat ass dann elo lass? Dat dote ka jo awer net sinn. An en plus hunn déi aner Presseorganer wéi RTL dunn och gesot: Wat ass bei „wort.lu“ lass?

(Hilarité)

Den Artikel war drop an op eng Kéier war en net méi drop. Dunn owes, um hallwer nëng, war en neien Artikel iwwert den Artikel do.

(Hilarité)

Deen Artikel iwwert den Artikel huet gesot, dass den Här Fischbach dat „record off“ gesot hat. Dat war esou e Smalltalk-Gespräch, awer net geduecht, fir gedréckt ze ginn.

Smalltalk hier, Smalltalk her, et ass mir egal, Här President, ech hu fonnt, dass dat doten op jidde Fall e Faux pas war. A bei all deem Luef, dat ech fir den Här Fischbach awer elo während bal 17 Minutten hat, war ech elo zwou Minute vläicht manner fein mat him an hunn dat dote missen zitéieren.

Ech si frou, dass d’Conférence des Présidents, de Chambersbüro sech där Affär och ugeholl huet a gesot huet, dass de

Médiateur an Zukunft vläicht eng gewësse Retenue bei Entretien-publicë misst hunn, fir dass op jidde Fall net méi esou Fäll kënnen geschéien. Ech soen lech Merci, well dat confortéiert mech awer a menger Positioun, dass en Ombudsmann sech net soll an esou Fäll amëschen.

» M. le Président.- Här Bettel, ech wëll lech allerdéngs soen, dass d’Positioun vun der Conférence des Présidents respektiv vum Büro e wéineg méi nuancéiert war wéi dat, wat Dir elo gesot hutt.

» M. Xavier Bettel (DP).- Dir hat e Kompromëss. Bon, ech wëll do net insistéieren,...

» M. le Président.- Dat ass och besser esou.

» M. Xavier Bettel (DP).- ...mä de Rapport seet kloer: «Monsieur le Président suggère aux membres du Bureau d’aborder la question des déclarations susmentionnées lors d’une prochaine entrevue avec le Médiateur et de le prier entre-temps de faire preuve d’une certaine retenue lors d’entretiens publics.»

Dat kënnt ongeféier awer och eraus op dat, wat ech gesot hunn.

Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Bettel. Dann ass d’Wuert elo un der Madame Err, fir zum Rapport Stellung ze huelen.

» Mme Lydie Err (LSAP).- Här President, Här Médiateur, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt schwéier nom Xavier hei unzetrieden an ze probéieren, erëm op de Buedem vun den Texter a vun de Realitéiten zrëckzekommen. Déi si bedeiend manner amüsant wéi déi Geschichten, déi hien eis hei erzielt huet.

Ech wëll am Fong ufänken, andeem ech géif e puer Grondgedanken zur Médiatioun an deene leschte véier Joer maachen a probéieren, Saachen ze soen, déi - an dat kënnt mer net oft vir - een als fënnefte Riedner ka soen, ouni dass se schonn dräimol virdru gesot gi sinn.

Duerfir probéieren ech dann elo déi Saachen erauszehuelen, a wann dat dann net méi esou ganz beienee klappt, wéi dat geplangt war, dann huet dat den Avantage, dass et duerfir och méi kuerz ass.

De Médiateur ass ouni Zweifel en Instrument oder eng Institutioun, déi et nëmmen an enger Demokratie gëtt a si berout natierlech op der Gewaltentrennung an dem Respekt vun de Grondrechter vun de Bierger.

D’Gerichter sinn zoustänneg, fir Gesetzzer ze interpretéieren am Intérêt vun de Rechter an de Flichten, déi d’Bierger vun dese Gesetzzer kréien. Mä wat passéiert, wann ee vun de Pouvoiren aus dem Stat selwer ze kritiséieren ass? U wie wennt ee sech, wann ee Problemer huet mam Fonctionnement vun aneren Institutiounen, mat Verwaltungen, mat soss Organisatiounen, déi dem Stat bei der Exekutioun vu senger Missiounen hëllefen?

Dass et do net ëmmer op de Gerichter läit an dass dat net ëmmer dee beschtméigleche Wee ass, ass eng vun den Ur-saachen, firwat d’Iddi vum Médiateur gebueren ass.

Et ass an deem Fall, dass haut de Bierger also en matière administrative net nëmmen de Choix huet, op e speziellen Tribunal ze goen, fir sech ze beschwéieren iwwer Prozeduren, déi net a sengem Sënn gehandelt gi sinn, mä hien huet en anere Wee, méi en einfachen, méi en onkomplizéierten, méi e bëllegen - op jidde Fall fir dee Betreffenden - a vläicht och heiansdo méi en effikassen, wéi dat um Gericht de Fall ass.

Duerfir ass et och logesch, dass an enger Demokratie, an enger moderner Demokratie op jidde Fall, de Médiateur en onëmgängelechen Acteur am Zesummespill vun den Institutiounen ginn ass. Well et muss ee wëssen, an de President oder de Rapporteur vun haut, dee weess dat: Och wann et an der Chamber eng Petitiounskommissioun gëtt, dann ass et kloer, dass déi nëmme ka kollektiv Demanden traitéieren an dass d’Pouvoir vun der Petitiounskommissioun zwar um Pabeier relativ extensiv sinn, an der Praxis et awer bal net erlaben, sech wierklech an zur Zefriddenheet vun de Leit, déi eng Petitioun ofginn, domadder kënnen auserneenzesetzen.

Schonn eleng duerfir, well d’Chambers-reglement seet, dass ëmmer dann, wann eng aner Chamberskommissioun, eng Spezialkommissioun sech mat engem Thema befaasst oder e Gesetz ënnerwee ass, d’Commission des Pétitions muss déi Petitioun an déi Spezialkommissioun weiderginn.

Et ass duerfir kloer, dass net nëmmen duerch d’Existenz vum Médiateur, mä och duerch d’Gesetzgebung an d’Reglement iwwert d’Petitioun, d’Aarbecht vun der Petitiounskommissioun erfogaangen ass.

Aneschters wéi de Riichter, dee kuckt, wie Recht huet par rapport zu engem Gesetz an engem Konfliktfall, huet de Médiateur als Schlichtungspersoun eng Léisung net nëmmen en droit, mä en équité ze fannen. Ech mengen, dass dat den Hauptavantage ass an der Virgehensweis vum Médiateur par rapport zu de Geriichter, ausserhalb dem Fait natierlech, dass et eng Prozedur ass, déi méi einfach ass.

Gesetzzer, dat wësse mer alleguerten, sinn net ëmmer ideal, mä e Riichter ass dru halen, Recht ze applizéieren, méi oder manner extensiv ze interpretéieren, mä hie ka seelen eppes an e Gesetz eraninterpretéieren, wat net dran ass. De Médiateur kann dat och net, mä hie kann interpretéieren, dass e Gesetz en équité misst zu engem anere Resultat féieren, wéi dat an der Justiz de Fall wier, an dat ass, denken ech, e groussen Avantage fir d’Léit.

Et gëtt - an déi Fro ass am Fong hei opgeworf ginn engersäits vun eise Rapporteur an anerersäits vu mengem Virriedner - en Ënnerscheed zwëschent engem Médiateur an engem Ombudsmann. Ech wëll hei net op déi Polemik vun der Dénominatioun agoen. D’Ënnerscheeder sinn hei scho vum Rapporteur gemaach ginn.

Et ass awer interessant, wéi ee par rapport zum Gesetz a vun der Praxis gesäit, wat dann d’Roll an d’Aarbecht vum Här Fischbach zu Lëtzebuerg sinn a wéi ee se soll korrekt betitelen.

Den Term „Ombudsmann“, dat ass gesot ginn, kënnt aus dem Schwedeschen. Et ass de Verrieder vum Vollek, deen agefuert ginn ass, fir dem Kinnek seng Pouvoiren zwëschent de Parlamentssitzungen ze beschneiden an derfir ze suergen, dass d’Rechter vun de Bierger net kënnen vum Kinnek, deen dee Moment allmächtg war, violéiert ginn.

Haut gi mer vun enger anerer Praxis, enger constitutioneller Monarchie aus. Et bleift, dass an der Traditioun vun den Ombudspersounen a Skandinavien déi Leit, déi déi Chargen hunn, méi Pouvoiren hu wéi déi, déi bei eis am Gesetz iwwert dem Médiateur stinn. Dat kënnt ganz einfach aus der Tatsaach, dass déi historesch gewuess sinn an engem Kader vun enger Demokratie, déi net där gläicht, déi mir haut hunn.

De Médiateur - contrairement zum Ombudsmann - ass do, fir Reklamatiounen vun de Bierger entgéintzehuelen, déi de gudde Fonctionnement vun de Statsadministratiounen, Gemengen an och vun den Établissements publics ubelaangen oder déi déi a Fro stellen. De Médiateur ass en neutrale Mëttelsmann a Saachen - kéint ee soen - „mal-administration“.

Ech mengen, dass no deem, wat mer elo no véier Joer feststellen, kee kann ofstreiden, dass hien déi Fonctioun assuméiert, an dat generell zur Zefriddenheet vun de Leit, déi sech un hie wenden.

Eng Ombudspersoun awer ass net nëmmen do, fir d’Rechter vun de Bierger par rapport zu den Administratiounen ze kontrolléieren, mä e verdeedegt doriwwer eraus de Respekt vun de Grondrechter an de Mënscherechter. Eng Ombudspersoun hält Partei fir d’Leit souzesoen als Affekot vun de Bierger oder als Volksanwalt, wéi en a Spuenien an an Éisträich heescht.

E Médiateur ass net kompetent, fir a Sträitfäll zwëschent Fonctionnaires an Administratiounen ze intervenéieren. Dat ass beim Ombudsmann de Fall. De Médiateur intervenéiert op speziell a perséinlech Ufro vun engem Bierger. Hie ka sech also net selwer befaasse mat enger Administratioun, déi net richtig fonctionnéiert. Eise Médiateur huet keen Droit d’autosaisine, och wa mer wëssen, dass hien iwwer eist Gesetz, par personne interposée, iwwer en Deputéierten dese Manktum kompenséiere kann.

Eng Ombudspersoun an de skandinavesche Länner kann - an ech mengen, dat ass e groussen Ënnerscheed par rapport zu eise Gesetz - en Avis ginn iwwer eng Gerichtsentscheidung a kann an enger Affär enquêtéieren, déi gläich-

zäiteg och vun engem Tribunal traitéiert gëtt, wat bei eise Médiateur onvirstellbar ass.

Wat ass dann elo genee déi Aarbecht, déi den Här Fischbach ënnert dem Numm vum Médiateur respektiv vum Ombudsmann mécht? Ass hien dat eent oder ass hien dat anert? Den Numm ass a sech relativ irrelevant, méi wéi eng Spillerei. Mä et muss ee wëssen, dass deen Numm, deen am Gesetz stoung, e Médiateur heescht, dass dat en Titel ass, deen handelt vun der Médiatioun.

Wat ass d’Médiatioun? Dat ass e Moyen alternatif de résolution des conflits (MARC), an ech géif lech bidden lech dee Begrëff ze mierken, well mir bräichten deen no deenen Erfahrungen, déi mer elo mam Médiateur respektiv mam Ombudsmann hunn, sécherlech och nach op anere Plazen.

E Moyen alternatif de résolution des conflits, dat ass engersäits d’Médiatioun, mä net nëmmen. Dat ass och Conciliatioun, Transactioun, Négociatioun, Arbitrage, an et kéint een och nach soe Verhandlung a Strof-saachen an Ähnlechens.

Mat Médiatioun kann een op eng Léisung vun engem Konflikt hischaffen. Mä net nëmmen. Eng Médiatioun am Sens strict du terme hëlleft och, an dat ass dat Interessant derbäi, Konflikter ze prévenéieren.

D’Kritäre vun der Médiatioun si ganz spezieller. Et muss een ëmmer, wann zwou Parteien e Problem hunn, wéinstens zu dräi si mat engem neutralen Drëtten. Deen neutralen Drëtten, dee Médiateur ass, muss komplett onofhängech an neutral sinn. Déi Kritären si bei eise Médiateur erfüllt. Ee Médiateur dierf och kee Pouvoir de décision hunn. Och dat stëmmt bei eise Médiateur, esou wéi och d’Confidentialité vun der Aktioun. Mä da kënnt, dass eng Médiatioun e Processus propre soll hunn, deen an der Médiatioun soll ugewannt ginn. Bei eis ass dat Element an der Praxis net erëmfannen.

De Médiateur bei eis fonctionnéiert also no véier Kritäre vun der Médiatioun vun deene fënnef, déi an der Médiatioun existéieren, mä dee Kritär vum Processus propre ass sécherlech net erfüllt. Dat ergëtt sech engersäits aus senger Aarbechtsweis an anerersäits och aus der Kompositioun vu senger Equipe.

Et ass kloer - an de Xavier Bettel huet et ugeschwat an aneren Termen, déi net onbedéngt mam Begrëff eppes ze dinn hunn -, dass eng pluridisziplinär Approche zu de Problemer, déi him ënnerbreet ginn, sécherlech géif dozou bäidroen, dass seng Aktiounen a seng Resultater net onbedéngt méi wäit géife goen, mä besser verstane géife ginn.

Ech hu gëschter déi Artikelen nogelies, déi an der Press iwwert d’Fäll vum Médiateur publizéiert gi sinn. A wéi bei de Recommandatiounen muss ee sech heiansdo ganz staark konzentréieren, well ganz vill Juristerei an deene Schrëften ass.

De Médiateur schafft haaptsächlech schrëftlech, während bei enger richteger Médiatioun normalerweis probéiert gëtt d’Leit un een Dësch ze setzen an als neutralen Drëtten ze probéieren, déi Leit an där Problematik, déi se hunn, selwer dozou ze bréngen, Léisunge fir hir Problemer ze fannen. Dat ass eng passiv Haltung vun deem Drëtten.

De Médiateur an dësem Fall kritt vun eise Gesetz a vun de Kommentare vum Gesetz souzesoen d’Missioun, fir méi aktiv Propositionen ze maachen, fir zu engem Resultat ze kommen. Dat féiert natierlech zu engem Prozess, dee vill méi effikass gëtt wéi wann d’Leit selwer sech müssen de Kapp zerbiechen, wéi se kéinte mat hirem Problem eens ginn. Dat géif méi laang daueren, wéi wann de Médiateur Propositionen bei Hand huet, déi d’Leit kënnen unhuele wéi hir egen.

Et bleift awer, dass am Fong bei där Manéier fir ze schaffen eppes verluer geet, an zwar déi Fonctioun vum Lien social, deen ouni Zweifel duerch d’Resultater erreecht gëtt, mä duerch déi Manéier, wéi déi Resultater zustane kommen, sécherlech net.

Zum Beispill iergeren ech mech heiansdo iwwer Klenggekeeten. Wéi zum Beispill d’Tatsaach, dass ech heiansdo mol vergiessen, während enger Woch meng Steieravancen op den Dag genee ze bezuelen, well ech fort war, a se da bezuele mat där nächster Avance zesummen. Dat empëchéiert net, dass ech dann eng Woch duerno vun der Steierverwaltung geschriwwen kréien, ech misst elo Zënse bezuelen op deem Montant, deen ech eng Woch ze spët bezuelt hunn, ouni awer drun ze denken, déi ze kompenséiere mat deenen Zënse, déi ech normalerweis

Mardi,
22 avril 2008

zegutt hätt, wann ech meng Avancen am Viraus bezuelen. Esou e Fall wéi vill anerer sinn eng Saach vu Versteesdemech oder Kommunikation. Da géif ee kënne probéieren, direkt ze communicuéieren.

Ech sinn iwwerzeegt, dass wann een de Médiateur géif befaassen, géif hien och op seng Manéier eng Léisung kënnen do fannen. Mä eigentlech geet et net nëmmen dorëm, dass d'Resultat geännert gëtt. Eigentlech geet et dorëm, dass deejeinegen, dee mat an deem Konflikt oder an där Schwierigkeet dran ass, agesäit, dass een esou net soll mat Leit ëmgoen, dass een am Gespréich zesumme mat Mëttelsmann probéiert drunzegoen, dass een d'Leit net anescht an der Administratioun behandelt, wéi een an engem Privatbetrieb ee Client géif behandelen.

Ech mengen, da si mer och schonn um Kärstéck vun de Resultater, déi aus de Richter ervirkommen. Ganz oft ass et den Accueil oder de Versteesdemech, den Emgang an eise Verwaltungen, deen ze wënschen iwwreg léisst. Et ass d'Haltung, déi wichteg ass, an et ass eben déi Haltung, déi sech - fäerten ech - an den Administratiounen net ännert, wann de Médiateur net probéiert dee Versteesdemech oder dat Emfanne vun de Bierger oder vun den Administréeren eriwwerzekeréien.

Et wier eng ganz aner Saach, wann een als Betroffene selwer kéint mat de Leit aus de Verwaltungen a mat engem neutralen Drëtten zesummekommen, fir ze probéieren e Problem aus der Siicht vum Betroffenen ze gesinn.

Vläicht ass dat ee vun de Punkten, déi beim Médiateur, wéi en an eiem Gesetz steet, net zefridde stellend behandelt ginn, well dee Lien social, dat heescht d'Versteesdemech net onbedéngt eriwwerkënn.

Dat ännert fir d'Leit net d'Welt. Dat ännert awer an der Konzeption vun de Beamten, mat deenen e verhandelt, sécherlech eppes. Duerfir géif ech et perséinlech begrëssen, dass Dir, Hår Médiateur, bei Saachen, déi récurrent erëmkommen, géift probéieren, geleeëntlech mat de Leit un engem Dësch zesummen ze schwätzen, fir dat Versteesdemech vum Administrateur par rapport zum Administré eribäizeruffen.

Da komme mer zu de Kompetenzen. D'Kompetenzen am Projet de loi vum 3. September 2003 ware relativ knapps bemoss par rapport zu deenen, déi ech a menger Proposition de loi zur Ombudspersoun kritt hunn. Mä seht und schreibt, déi Kompetenz sinn net am Kader vun dësem Gesetz, mä am Kader vun engem anere Gesetz ausgeweit ginn - dat ass schonn hei ugeklongen -: de Projet 5849, d'Convention contre la torture et autres peines ou traitements inhumains ou cruels vun der UNO, déi 2002 ënnerzeechent ginn ass.

Bref, de Médiateur, gëtt dësem Gesetz no mat der externer Kontroll vun de Prisonge souwéi vum Centre de rétention chargéiert - dat ass bis elo nach net ugeklongen -, a vum Centre neuropsychiatrique.

Dat si Mënscherechter, Dir Dammen an Dir Härën. An dat si Kompetenz vum engem Ombudsmann respektiv vun enger Ombudspersoun. Duerfir gëtt déi Diskussioun, déi elo hei ugefouert ginn ass vu mengem Virriedner an och vum Rapporteur, am Fong duerch d'Praxis net méi einfach. Sou dass, wann ech mir oder him d'Fro stellen, wat mer dann elo hu mat der Roll vum Hår Fischbach, e Médiateur oder eng Ombudspersoun, ee soe kann: Mir hunn e bësse vun deem engen an e bësse vun deem aneren.

Vläicht kéint de Kompromëss dra bestoen andeem ee géif vun haut un déi Aarbecht an déi Roll, déi do gespillt gëtt, Ombuds-médiateur nennen. Well ganz oft ginn op institutionelle Plazen déi zwee Begrëffer matenee kombinéiert, well se ganz oft eppes vun deem engen a vun deem aneren hunn.

Eise Médiateur huet ouni Zweifel d'Pouvoir vun engem Ombudsmann iwwert de Wee vun de Mënscherechter. Ech begrëssen dat formell. Well besonnesch déi Randgruppe vun der Gesellschaft - wéi d'Asylanten, wéi d'Prisonnéier, wéi déi Leit, déi internéiert sinn aus gesondheetleche Grënn - Leit sinn, bei deenen d'Mënscherechter riskéieren am meeschten ze leiden.

Wa mer wëssen, dass de Médiateur elo schonns 46 Reklamatiounen vu Prisonnéier entgéintgehooll huet, dass hien eng komplett Reorganisatioun vun eiem Système pénitentiaire a ganz punktuell Reforme freet, wéi zum Beispill déi iwwert den Droit de vote vun de Prisonnéier, déi eng Verfassungs-ännerung virusetzt an eng Ofännerung vum Wahlgesetz, da wësse mer, dass do eng Lawin lassgetrueden ass, wou d'Enn nach net ofzegesinn ass.

De Statut vum Juge d'instruction ass och indirekt ugeschwat duerch déi Tatsaach, dass eis Procédures d'instruction ze vill laang daueren. Och d'Introduction vum Juge de l'application des peines ass e waarmt Eisen, wat zu Lëtzebuerg bis elo nach keen opgeworf huet, wat ouni Zweifel derwäert ass diskutéiert ze ginn, well et géif erlaben och d'Exekutioun vun de Peinë kontradiktoresch ze diskutéieren, Recoursen anzereeche an och ze kucken, dass deejeinegen, dee bestrooft gëtt, wirklech gehéiert gëtt, wann et ëm d'Exekutioun vun hirer Strof geet. Well dat ass jo am Fong dat Frustrantst. Net nëmme muss hien eng Strof ofsätzen, mä ëmmer dann, wann iergendee Problem an der Exekutioun virkënn, gëtt zwar iwwer säi Problem diskutéiert, mä net a senger Presenz. Eigentlech ass dat net annehmbar.

Ech géif am Fong deene Suggestiounen vum Médiateur nach wëllen eppes dropsetzen, an zwar eng Charte des droits des détenus. Eppes, wat mer zu Lëtzebuerg nach net hunn a wat absolut noutwendeg wier. Ech hoffen, dass och dee Punkt mat kann op de Wee geholl ginn.

Wou si mer dru mat der Zäit?

» **M. le Président** - Dir hutt nach Zäit.

» **Mme Lydie Err** (LSAP).- Jo, mä et kënnt nach en Zweeten.

» **M. le Président**.- Jo, mä Dir hutt nach 30 Minuten.

» **Mme Lydie Err** (LSAP).- D'accord. Dann e bësse manner kuerz.

Zum éischte Rapport; während véier Joer Praxissinn. Dee beweist eis och d'Zifferen. Dee beweist och, wat fir eng Administratiounen, wat fir eng Institutionen am Stat am meeschte beträff sinn. Et ass ganz kloer, dass, wat de Stat ubelaangt, d'Fiskalitéit, d'Immigratioun, d'Justiz an de Logement un der Spëtzt sinn. Wat d'Gemengen ugeet: Urbanismus, dat wonnert och keen. A wat d'Établissements publics ubelaangt: d'Sécurité sociale, d'ADEM, d'Kannergeld, d'Krankeess an de Fonds national de Solidarité. Déi stinn un der Spëtzt.

Ech wëll lech direkt soen, dass ech et ganz wichteg fannen, wat zu deene leschte Recommandatiounen ze soen ass. Mä doriwwer wäert mä Fraktiounskolleeg, de Romain Schneider, schwätzen.

D'Problèmes généralisés ou récurrents sinn ugeschriwwen ginn a sinn och schonn hei ugeschwat ginn.

D'Formation à l'accueil. Dat ass e récurrenté Problem, dee mer an eise Verwaltungen hunn. Eng Administratioun um Téléphone ze erreechen ass heiandsou eng Performance. Et wier eigentlech normal, dass awer do wéi an engem normale Betrib Stonne géife festgesat ginn, wou ee wirklech kann un e responsabele Gestionnaire komme respektiv eng Mailadress oder eng Faxnummer, wou ee ka kommunizéieren ouni musse stonnelaang um Téléphone ze hänken. Dat ass eng Zoomuddung an ass an engem demokratesche Stat eigentlech net méi akzeptabel.

Et kéint een natierlech och iwwer e Bureau d'accueil, wéi et elo vill an de Gemenge fonctionnéiert, beim Stat nodenken, och wa mer wëssen, dass d'Äntwerten op déi Froen do schwierig sinn. Mä Délaien, déi contraignant wieren, dat wier de Minimum, deen ee misst maachen, fir d'Leit e bësse méi zefridden ze stellen.

Och ee Guide des bonnes pratiques, deen et an anere Länner an an aneren Administratiounen gëtt, wier eng gutt Saach. Den Hauptproblem ass deen, dass mer zu Lëtzebuerg, an zwar net nëmmen an den Administratiounen, mä en général, keng Culture d'évaluation externe hunn. Heiansdo gëtt et eng Administratioun, déi sech fräiwëlleg eng Evaluatioun ënnerzitt, mä ee vu menge Fraktiounskolleegen, dee laang an der Regierung war, sot ëmmer: So mir, wien den Expert chargéiert huet, an da soen ech Dir, wat herno erauskënn.

Esou kann et natierlech net sinn. Duerfir denken ech, dass mer misste kucken an eiem Stat eng Evaluatiounscellule ze kréien,...

(*Interruption*)

Du waars et net, Alex.

...fir generell déi Administratiounen, wou Problemer sinn, ze expertiséieren, d'Saache virzeschloe fir eng Verbesserung an dann eben och regelméisseg ze kucken, ob déi Verbesserungen, déi virgeschloe gi sinn, och ëmgesat ginn. Well mir hunn zu Lëtze-

buerg och keng Evaluatioun iwwer eis Gesetzter. Ausnahmsweis gëtt et eng Evaluation externe, déi natierlech en Heede Geld kascht huet, iwwert d'Gesetz iwwert d'Violence domestique. Do stoungen herno Konklusiounen dran, wat ee misst an eiem Gesetz änneren. Mä déi Evaluatioun läit schonn dräi Joer um Dësch an et huet nach ëmmer näischt geännert.

Duerfir bréngt et näischt, nëmmen ze evaluéieren. Mir mussen evaluéieren enger-säits. Mir mussen en Échéancier opstelle vun deene Saachen, déi an de Konklusiounen vun der Evaluatioun drastinn. A mir mussen eis selwer an d'Flicht huelen, och déi Saachen herno ëmzesetzen.

Munches, wat ech elo wollt soen, ass scho vu menge Virriedner gesot ginn, esou dass ech nach ganz kuerz zu e puer Recommandatiounen wëll iwwergoen.

Éischstens, d'Procédure de déclaration de naissance misst geännert ginn, well do Saachen eragedicht gi sinn, déi eigentlech net am Text stinn an déi souwisou inapplicabel wieren, wann eng Naissance net doheem an net mat engem Gynäkolog oder mat enger Hiewann kënnt. Et ass also kloer, dass mer mussen deen Artikel do änneren.

Den Droit de vote vun deene Leit, déi am Prisong sëtzen, hunn ech schonn ernimmt. Ech mengen, dass et ganz wichteg ass, och déi Rechter ze wahre vun deene Leit, déi schonn dem Haaptrecht, dat heescht dem Recht op eng - wéi soll ech soen - Bewegungsfreiheet, enthuewe sinn, dass een déi weinstens hirer Dignité humaine an hirem Wahlrecht net muttwëlleg enthieft.

D'Lenteure vun der Instructioun sinn ugeschwat ginn. Ech perséinlech muss soen, dass ech kee Problem domadder hat, dass d'Affär vum Fokker 50 mentionnéiert ginn ass. Well dat ass keng Amëschung an d'Justiz, dat ass am Fong just d'Zitatioun vun engem Beispill, wat illustréiere soll, dass eis Instructiounen ze lues sinn. Vum Prinzip hier ka sécherlech kee Mënsch heibannen oder dobaussen dat contestéieren. Wann een dat einfach an d'Welt setzt ouni e Beispill ze soen, dann ass et vläicht net esou kloer, wéi dat hei de Fall ass. Esou muss een oppassen, dass een net Saachen um Fong mat formellen Aspekter vermëscht.

Wat vill méi wichteg ass, dat ass, dass de Médiateur Saache festgestallt huet, wou mir mat eiser Législatioun net konform sinn zu der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter, eng Ursaach, fir sech ze schumen. De Fait, dass mir esou laang Prozeduren hunn, dass mir esou laang Ënnersuchungshaft hu fir Leit, déi hir Fräiheet scho provisoersch net méi hunn, do muss ee wirklech kucken, dass een dem Usproch vun enger moderner Demokratie gerecht gëtt, mä och dass een déi Institutionen, déi ee sech selwer ginn huet, an déi Aarbecht, déi déi dozou bäidroen, wirklech dann och respektéiert.

Well et geet net duer, dass mir hei soen: Jo, et sinn elo hei gutt Saache proposéiert ginn, et ass genial, dass mir dat gemaach hunn. Et déngt nëmmen eppes, wann all dat, wat gesot ginn ass a wou mir all hannendru stinn, och ëmgesat gëtt. Dat ass de Moment nach net de Fall, och wann ee muss soen, dass viles schonn an d'Rei gaangen ass an dass een dat och nëmme ka begrëssen.

E Punkt, wou mir net an Aklang si mat der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter, dat ass den Accouchement anonyme. Do ass eng Situatioun, wou am Fong de Wonsch vun der Mamm, déi hiert Kand net wëllt halen, wat se op d'Welt setzt, an de Wonsch vun der Kand, wat der Kannerkonventioun no d'Recht huet ze wëssen, wou et hierkënn, openeestoussen. Wa mir an esou enger Situatioun sinn, da musse mer kucken, dass mer mat där europäescher Jurisprudenz, déi mir elo hunn, an Aklang sinn, an da musse mer déi zwee Rechter, déi openeestoussen, op eng Wo leeën a kucken, wat fir eent méi wichteg ass.

Ech hu keng Hésitatioun fir ze soen, dass an deem Fall den Intérêt supérieur vum Kand misst iwwert den och logeschen Intérêt vun der Mamm, fir anonym ze bleiwen, iwwerweien, well wéi Kanner sollen eens ginn, wa si sech hiert Liewe laang mussen d'Fro stellen, wou si hierkommen, ouni dass si dorop kënnen eng Äntwert kréien, ass sécherlech méi schwierig, wéi déi Situatioun mat där eng Mamm, déi accouchéiert huet, obscho se d'Kand net selwer wollt grousszillen, ka konfrontéiert ginn.

D'Indépendance vun den Experts judiciaires ass ugeschwat ginn an enger Recommandatioun 28. Vläicht misst ee sech do effektiv Prozeduren afale loossen, déi net nëmmen - loosse mer soen - méi schaarf ginn, wat d'Presenz vun engem

Expert op enger Lëscht ugeet, awer och Prozeduren, wéi een esou en Expert, deen net zefridde stellend schafft, erëm vun esou enger Lëscht erofkritt.

Ech mengen och, dass eng Assermentatioun an e Cours de déontologie fir Experte gutt Dëngschter kéinte leeschten, an an där Hisiicht ass och déi Recommandatioun ouni Zweifel eng wichteg.

Ech kommen awer dann zu där wichtigster Recommandatioun, déi iwwert de Conseil supérieur de la Justice, an dozou wollt ech e puer Saache soen, obschonn der hei schonn ugeklonge sinn, iwwert wéi en ëmmer hei genannt gëtt. Ech géif fannen, dass „Conseil national de la Justice“ besser géif klängen. Well mir bis elo kee Conseil tout court hunn, gesinn ech net an, firwat et elo soll „supérieur“ sinn.

Wa mer wëssen, dass immens vill Plainten iwwert d'Justiz beim Médiateur ukomm sinn. Wa mer wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg keen Organ hunn, wat sech an aller Onofhängegkeet mat Problemer iwwert d'Justice auserneesetzt. Wa mer wëssen, dass dem Médiateur seng Rotschléi net ëmmer duergo fir Mësständ ze änneren, well seng Rotschléi net ëmgesat ginn, da mengen ech musse mer eis dozou oppappen, e Conseil national de la Justice ze schafen.

Éischstens ass et net normal, dass 2004 120 Affäre vu Wirtschafts- a Finanzkriminalitéit verjähre gelooss gi sinn. Et ass och net normal, dass ëmmer méi Affären op d'Gericht kommen, well ëmmer méi Assurances eng Assurance recours virgesinn, ouni dass d'Gerichter proportionnel verstärkt ginn. Et ass och net normal, dass et d'Assistance gratuite fir d'Affekote gëtt, mä dass op Alternativen zu enger Fräiheitsstrof oder zu enger Geldstrof, wéi zum Beispill Travaux dans l'intérêt général, net genuch zréckgegraff gëtt.

Dat ass och de Fall fir d'Médiation pénale, déi onbedéngt misst reforméiert ginn. Mir gesi wéi vill Affären iwwer Médiatioun traitéiert ginn, déi net op d'Gerichter ginn an doduerch eis Riichter entlaaschten. Et ass evident, wann eist Gesetz iwwert d'Médiation pénale besser wier, dass dee Stau, dee mer op eise Strofgerichter hunn, och kéint erofgedréckt ginn. Dat ass am Intérêt net nëmme vun der Justiz, mä och am Intérêt vun de Justiciablen. Duerfir denken ech misste mer onbedingt eist Gesetz iwwer Médiation pénale ëmänneren.

D'Proximitéit an d'Rapiditéit, de Fait, dass Médiation manner kascht wéi e Prozess, alles dat sinn Ursaachen déi erklären, dass d'Médiatioun, iwwregens net nëmmen am Strofberäich verbessert an ausgebaut misst ginn.

Wéi soll dee Conseil national de la Justice ausgesinn? - Ech schwätzen elo am Numm vu menger Fraktioun, well d'Chamberskommissioun sech net esou wäit an Detailer ausgedréckt huet.

Et muss vu vir era kloer sinn, dass net kann un der Onofhängegkeet vum Drëtte Pouvoir geréckelt ginn. Et ass och kloer, dass dee Conseil national de la Justice sech misst kënnen autosaiséiere vun alle Froen, déi mat dem Fonctionnement vun eiser Justiz ze dinn hunn, well eng onofhängeg Justiz ass net nëmmen eng Saach vum Prinzip an enger Demokratie, mä och eng Fro, déi mat der Gläicheit vun de Bierger virum Gesetz a virum de Gerichter ze dinn huet. Et ass also äusserst wichteg, dass dat respektéiert gëtt.

Et ass och esou, dass den CNJ muss kënnen Avisë ginn iwwert alles, wat de Rekrutement, d'Promotiounen, d'Formatioun, d'Discipline an d'Déontologie an esou weider ubelaangt.

Da komme mer zu der Kompositioun, an do gëtt et manner evident. Ech hunn d'Propositionen vum Médiateur mat engem Grupp vu Juristen diskutéiert, an zwar engem Grupp, wou Juristen aus der Fonction publique, vum Barreau, vum Parquet a vun de Gericher derbäi waren. Eppes, wat do kloer ze si schéngt, dat ass, dass den CNJ vun de Riichter selwer nëmmen dann akzeptéiert gëtt, wann an deem Conseil eng Majoritéit vu Riichter dran ass.

Et ass och ganz wichteg fir d'Magistraten - well déi musse finalement deen CNJ fonc-

tionnéieren doen -, dass déi Leit, déi Mem-
beren an den CNJ nenne kënnen, keng
Politique politicienne domat maachen.

Et wier schwierereg, wann d'Chamber den
CNJ géif ernennen. Et kéint ee sech awer
virstellen, datt de Barreau seng Leit géif
nennen, wat déi parteipolitesch Onof-
hängegkeet géif garantéieren - och wann
net eng Konditioun ka sinn, dass een net
däerf an enger Partei sinn, fir an dee
Conseil eranzekommen.

D'Commission consultative des droits de
l'Homme kéint och als Propositionsorgan a
Fro kommen. Ech bieden elo den Här Paul-
Henri Meyers ëm seng geschätzten Op-
mierksamkeet: D'Membere vum CNJ
kéinten och vum Grand-Duc genannt ginn -
wéi de Médiateur selwer -, op Proposition
vun enger Lëscht, déi an der Chamber just
enregistréiert ginn. Esou wier kee Problem
wat d'Gewaltentrennung ugeet.

Et ass evident, dass et wichteg ass, wien
den CNJ géif presidéieren. A verschiddene
Länner ass dat de Chef d'État, woubäi mir
da wëssen, dass et éischter eng Position
honorifique ass. Eng aner wichteg Fro ass
déi, ob de Justizminister am CNJ soll sinn
oder net.

Perséinlech mengen ech, dass et fir d'Ak-
zeptanz besser wier, wann de Justizminister
net dra wier.

Wat ass d'Roll vum Parlament bei der Nomi-
nation à la majorité, eventuell oder och net?
Dat bleift ze fixéieren. Ech wëll - well jo kee
mir offhëlt, dass ech ganz onbefaangen an
där Fro wier - mech do zrëckhalen an eben
déi Froen oplossen.

Et bleiwen och nach Froen ze kläre wéi: Wéi
laang soll de Mandat vun de Memberen
vum CNJ sinn? Solle pensionéiert Riichter
an Affekoten derbäi si kënnen? Menger
Meenung no ass een eenzege Mandat
ëmmer besser als Garant vun der Indé-
pendance, oder weinstens vun der Ap-
parence vun der Indépendance. Menger
Meenung no wiere pensionéiert Juriste gutt
an deem Gremium, well si eng grouss Er-
fahrung a vill Zäit hunn.

Inkompatibilitéite bleiwe festzeleeën. Wa mir
keng politesch Nominatiounen wëllen, kann
och kee Politiker an den CNJ erakommen.
Ech mengen also keng Leit aus der
Chamber, keng aus dem Conseil d'État an
och net aus der Regierung.

Suppléanté wiere gutt, fir dass de Gremium
och ka fonctionnéieren, wann deen een
oder deen aneren empêchéiert ass.

Dat wichtegst vum CNJ si seng Kompe-
tenzen: Gestion budgétaire et adminis-
trative a Personalverwaltung.

Et wier sécherlech och gutt, wann den CNJ
eng gewëssen Autonomie financière hätt,
fir net vum Bon vouloir vun engem Minister
ofzehänken. Et kann awer net sinn, dass de
Conseil sech géif ëm d'Gestion journalière,
zum Beispill de Park vun den Ordinateuren
oder den Ënnerhalt vum Gebäi, këmmere.

Wat evident ass, betreffend de Pouvoir
disciplinaire vum CNJ - ech sinn an zwou
Minutte fäerdeg -, ass, dass déi Plainten,
déi beim CNJ erakommen, misste vun
engem Conseil de discipline vun exclusiv
Magistraten traitéiert ginn, an zwar an
éischter Instanz vun dräi an am Appel vu
fënnef Riichter. Déi Disziplinorgane
wieren och kompetent fir de Greffe an
d'Fonctionnairë vum Parquet.

De Rekrutement leeft de Moment an-
scheinend gutt. D'Promotiounen lafen
eenegermoossen, mä komplett ontrans-
parent. Et ass net normal, dass een net
weess, no wat fir enge Kritären d'Riichter
genannt ginn, well ebe kee Reglement be-
steet a well eben déi Formatioun an déi For-
mation continue net dat sinn, wat se solle
sinn.

Et ass evident, dass mer e Règlement in-
terne transparent bräichten, an ech mengen
och, dass d'Magistratur an d'Justiz drun ze
gewannen hätten, wann déi jonk Magis-
traten e Mentor géife kréien, wann de Men-
toring géif agefouert ginn, wat iwwregens
och op anere Plaze vu Virdeel kéint sinn.
Dee wier responsabel zesumme mam
Ministère fir d'Formation continue an d'For-
mation initiale. Dann hätte mer e Gremium,
dat voll ausbeschäftegt wier.

Ech kommen zum Schluss, dat ass meng
Konklusioun, Dir Dammen an Dir Härën:
Och d'Mënscherechter vun den Erwues-
senen - well en Ombudscomité fir d'Rechter
vun de Kanner hu mer schonn -, also och
d'Gläichheet an d'Netdiskriminatioun misste
vum Stat eigentlech gläich behandelt gi wéi
d'Mal-administratioun, fir déi mer e Mé-
diateur agesat hunn.

Duerfir ass meng Recommandatioun zum
Schluss, lech ze soen, mir sollen den ORK
oder besser seng Presidentin an de Centre
de l'égalité de traitement, de l'égalité et de
la non-discrimination dem Ombudsmédia-
teur ugliidderen, fir dass si zesumme jidd-
feree sech kéinten ëm verschidde Sparte
këmmere, wou Diskriminatiounen an
Inégalitéite kënnen virkommen. Dat wier
éischstens eng rationell Démarche, well mer
eng Plaz hätten, ee Staff hätten an ee Spe-
zialist jee no Domän, déi kéinten zesumme-
schaffen an déi natierlech missten dee
groussen Avantage hunn, deen eise Mé-
diateur huet, an zwar deen, dass hie keng
Instruktioun vu kengem ka kréien iwwert déi
Aart a Weis, wéi hie seng Aarbecht aus-
féiert.

Dat ass eng kapital Dispositioun, déi wahr-
scheinlech net zoufällleg vergiess ginn ass
beim ORK an och beim Centre de l'égalité
de traitement, déi soumadder am Fong
natierlech ni kënnen dee Prestige an déi
Efficacitéit vun der Aktioun vum Médiateur
kréien. Eigentlech ass dat schued, well
d'Mënscherechter si menger Meenung no
nach méi wichteg wéi d'Rechter vun den
Administréierten.

Merci.

» Plusieus voix - Très bien!

» M. le Président - Merci, Madame Err.
D'Wuert huet elo den honorabelen Här
Mehlen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci,
Här President. Ech wëll och ufänke mat
engem Merci un de Rapporteur, dee sech
vill Aarbecht gemaach huet, fir déi ganz
vast Problematik an engem dach awer gutt
liesbaren Dokument zesummenzefaassen.

Här President, d'Relatioun tëschent Adminis-
tratioun an Administré ass scho problema-
tesch, soulaang et Administratiounen gëtt.
Ech hunn emol eng Kéier gelies, datt schonn
am Altertum ënnert dem Kinnek Hammurabi,
dat war am 17. Jorhonnert viru Christus, Re-
volten ënnert de Leit waren, well d'Adminis-
tratioun se ze vill gepéngt huet oder sech
net esou vis-à-vis vun hinne beholl huet, wéi
d'Leit sech dat gewënscht hätten.

Selbstverständlech ass och dat haut an hei
zu Lëtzebuerg e Problem. Vill Leit sinn
opbruecht iwwert d'Aart a Weis, wéi si a ver-
schiddenen Affäre vum Stat behandelt ginn,
an erwaarde sech zu Recht vun eis, datt
mer, esou wäit wéi et méiglech ass, do
Remedur schafen.

Dat hei war historesch meeschtens d'Auf-
gab, eng dankbar Aufgab, vun den Depu-
téierten, fir sech esou Dossieren unze-
huelen, fir ze kucken: Ech këmmere mech
ëm deng Affären a kucken, dass se an d'Rei
ginn. Dat war eng dankbar Saach, dat
erkläert och vläicht, woufir datt et hei zu Lët-
zebuerg e bësse méi laang gedauert huet,
bis den Ombudsmann hei eng gesetzlech
Basis kriit huet.

Elo war awer virun allem dee System onge-
recht an ondemokratesch. Ongerecht, well
am Prinzip nëmmen déi, déi déi richteg
Relatiounen haten, hir Problemer och geléist
kritt hunn. Et war och nach ondemokratesch
derbäi, well jo déi, déi an der Majoritéit
waren, aner Hiewelen haten, fir Problemer
ze léisen, wéi déijéineg, déi an der Oppo-
sitioun waren.

Wichtig ass fir eis, datt jiddfereen, egal wat
sain ethneschen, juristeschen oder soziale
Status ass, dee gläichen Zougang zu Hëllef
huet, wann e Problemer mat der Verwaltung
huet. Dat muss och total onofhängeg vun
enger Parteikaart sinn, well de Contraire wär
Gëft fir eisen demokratesche System.

Här President, mir maachen haut en éischte
Bilan a mir formuléieren och Recomman-
datiounen an deem ganze Kontext vum
Rapport vum Ombudsmann.

D'ADR deelt grosso modo d'Meenung, datt
d'Schafung vun der Institutioun vum Mé-
diateur hei am Land eng noutwendeg a gutt
Saach war. Dat geet aus deene ville Fäll
ervir, déi konnten iwwert de Wee vun der
Médiatioun geléist ginn. Mir gesinn am
Rapport, datt der 180 am ofgelafene Joer
konnte ganz a 45 deelweis geléist ginn.

Dat ass an eisen Ae ganz positiv, wann ee
bedenkt, wann déi Leit, wann et da méig-
lech gewiescht wier, iwwert d'Gericht ge-
fuer wären, wéi vill Gerichtsaffären do
évitéiert gi sinn a wéi vill Entlaaschtung vun

de Geriichter do geschitt ass; wann een och
bedenkt, datt net jiddferee sech en deiere
Prozess ka leeschten, och net all Affär
vläicht esou eng Envergure huet, datt se en
deiere Prozess géif rechtfertegen, da wären
déi Leit iergendwéi op hirem Problem sëtze
bliwwen. Och dat ass en Aspekt vu Gläich-
behandlung, a virun allem ass dobäi dee
ganz wichtigen Aspekt vun engem
enormen Zäitgewënn, wann ee gesäit, wéi
laang d'Prozesser kënnen daueren, be-
sonnesch wa se dann och nach an déi
zweet oder drëtt Instanz ginn.

Wa mer déi Fäll vun 2006/07 examinéieren,
da gesi mer, datt dat, wat de Stat als solch,
d'Justiz an d'Steierverwaltungen ubelaangt,
277 Fäll waren. Bei de Gemengen eigent-
lech nëmmen - ech betounen dat: nëmmen
- 114. A bei den Établissements publics - do
geet et ëm d'Arbeitsamt, Emploi, Sécurité
sociale, Fonds national de Solidarité a
Caisse nationale des Prestations familiales -,
do sinn et der 264. Mir gesinn also, datt de
Gros vun de Fäll beim Stat oder bei staat-
lechen Administratiounen läit.

Ech wollt e puer vun deenen Aktiounsfelder,
déi hei belicht si ginn am Rapport, e
bëssen och aus eiser Siicht belichten. Fir
d'alleréisch - an ech mengen, dat ass dat,
wat de Leit mat am meeschten uewe läit -
de villfach schlechte Fonctionnement vun
den Administratiounen. Et geet ëm
d'Erreechbarkeet um Telefon, d'Frëndlech-
keet an d'Entgéintkommen, wann een e Pro-
blem huet, Äntwerten iwwerhaapt an Änt-
werten am Délai op Ufroen. An da kann ee
sech jo nëmme wonneren, wann een héiert,
datt et souguer ëm de Verloscht vun
Dossiere geet, déi eragereecht si ginn, wat
méi wéi déplorabel ass, wann ee weess, wéi
vill Aarbecht dodra stécht heiansdo, fir esou
Dossieren zesummenzestellen. Dat weist e
Manktum u Respekt vun der Verwaltung vis-
à-vis vum Bierger.

Do stellt sech natierlech prioritär d'Fro: Wéi
kënn een deem bäi?

Et ginn eng Partie Recommandatiounen
formuléiert, déi ee kann a muss ënner-
stëtzen. Ech zielen der e puer op, e puer
nätzlech Ureegungen:

- Datt an all Dossier den Numm an den
direkten Telefonsnummer vun deem
Beamten, dee fir den Dossier zoustänneg
ass, soll mat kommunizéiert ginn;

- datt an all Verwaltung fest Plagë vu Stonne
sollen agefouert ginn, wéini déi Leit erreech-
bar sinn; datt se dann och wierklech er-
reechbar sinn, soit um Telefon, soit direkt,
wann een dophinner geet;

- e Bureau d'accueil centralisé, wou de
Bierger, deen eng Demande oder eng
Démarche wëllt maachen, eng Berodung
kritt, fir datt hie sech korrekt uleet, kee
Feeler mécht a senger Démarche a fir datt
hien och weess, u wien hie sech do ze
wenden huet;

- en Audit externe, fir déi Verwaltungen a
Service ze detektéieren, déi einfach ze
laang Délaien hunn, wou mat deenen Audite
selbstverständlech Ursachefuerschung
bedriwwen gëtt a wou sech aus där Ur-
saachefuerschung dann och déi néideg
Mesuren dégageieren, déi ee muss
aféieren, fir kënnen Remedur ze schafen;

- Ausaarbechtung vun engem Guide des
meilleures pratiques, déi dann natierlech
och iwwerall applizéiert musse ginn.

Mä den Akzent soll leien op dem Sens des
relations humaines. Dat heescht, de Bierger
muss wéi am Privatséktor gesi ginn als
Client an net als lästige Bittsteller. Et kënn
ee sech net virstellen, datt een am Privat-
séktor bei enger Firma urift an eng Com-
mande wëllt opginn an datt een do onfrënd-
lech géif behandelt ginn oder datt iwwer-
haapt kee géif ophiewen. Dat kënnen mer eis
iwwerhaapt net virstellen.

(Interruption)

An esou misst och d'öffentlech Verwaltung
fonctionnéieren. Dat ass en allgemenge
Problem vum Service public, net iwwerall -
Gott sei dank -, awer op ville Plazen.

D'Fro, déi sech stellt, ass: Huet d'Re-
gierung, huet den eenzelne Minister en
Afloss dorop?

Mir hu viru Joren Debatten hei gehat. Dee-
mools huet de Minister vun der Fonction pu-
blique, den Här Fischbach, mer geäntwert,
dat wär alles en eise Gesetzer an an eise
Reglementer enthalen. D'Regierung misst
just de Courage hunn, fir déi ze appli-
zéieren. Net laang duerno hate mer e ganz
passionéierten an interessanten Débat hei,
den 2.4.1998. Do huet eisen Här Statsmi-
nister sech wierklech ganz batter heiriwwer
beklot, datt hie keng Emprise op Leit hätt a
sengen eegene Ministèren, déi einfach net
esou wëlte schaffen, wéi hien et gären hätt.
Dat heescht, do hu mer vun zwee Re-

gierungsmemberen aus där Epoch zwou
diamétral géintiwergesate Meenunge ge-
hat.

Et war dat eng ganz passionéiert Debatt
iwwer e Statut vum Fonctionnaire oder
Beamten. E Statut, deen hie soll virun
Abusen an Iwwergrëff vun der Politik
schützen an där enger Säit. E Statut, deen
awer och net däerf derzou mësbrauch
ginn, fir egal wat däerfen oder net däerfen
ze maachen.

Den Här Statsminister Juncker - an et ass
net fir d'éischt, wou ech et hei soen - huet
deemools als Regierungschef ganz kloer e
Ministergesetz gefuerdert, wou ganz kloer
d'Kompetenze vum Minister vis-à-vis vu
senge Beamte vu sengem Ministère, vu
senge Verwaltungen géife festgeschriwwen
ginn, fir datt de Minister net ëmmer dosteet
als deen, dee muss d'Strech astiechen an
dee leschtenenns awer näischt ka
maachen.

Här President, mir stellen alt erëm eng Kéier
fest, an och mat deem groussen Usaz an
der leschter Regierung fir eng Réforme
administrative anzeféieren, wou besser
Organisationsstrukturen an der Fonction
publique an an de Verwaltungen sollten age-
fouert ginn, datt bis haut praktesch näischt
geschitt ass an datt jiddefalls dat Minister-
gesetz ëmmer nach op sech waarde léisst.

Och an dësem Beräich ass d'Politik gefuer-
dert, well déi schéinste Gesetzer a
schéinste Reglementer kënnen näischt
hëllefen, wa mer et net fäerdeg bréngen,
un d'Spëtze vun de Verwaltungen a vun de
Ministère Leit ze setzen, déi virun allem
duerch hir Kompetenz an duerch hiren
Engagement ervirstiechen, an net wou en
Automatismus vläicht en Avancement
generéiert, deen ënner Ëmstänn net ganz
glécklech ass. Oder wat nach vill méi
schlëmm ass, wann d'Faarf vun der Nues fir
d'Nominatioun ausschlaggebend ass. Da
brauch ee sech net ze wonneren, wann déi
falsch Leit un der Spëtzt vun de Ver-
waltungen sinn a wann et dann och net esou
fonctionnéiert, wéi et soll sinn.

En anere Punkt, deen ugeschnidde ginn
ass, ass de Manktum u Personal, no-
tamment bei der Kannergeldkeess, also
den Allocations familiales, der TVA, dem
Logement, beim Arbeitsamt. Mir kennen
alleguer déi Problemer. Mir wëssen, datt
sech dobausse vill doriwwer beklot gëtt. Et
ass fir eis kloer, och wann d'ADR net on-
bedéngt déijéineg ass, déi eng Opleeung
vum Statsapparat verlaangt, datt, wa Ver-
waltungen esou vill Aarbecht hunn - an hei
gëtt effektiv vun enger chronescher Iwwer-
laaschtung vun deene verschiddene Ser-
vicer geschwat -, se dann och mussen dat
Personal kréien, wat se brauchen, fir kënnen
uerdentlech ze fonctionnéieren. Dat anert
ass der Populatioun dobaussen net zou-
muttbar.

Och mussen déi modern Kommuni-
katiounsmëttel - d'Informatik - optimal ge-
notzt ginn, fir d'Charge vun der Aarbecht a
vun de Paperassen esou wäit wéi méiglech
ze reduzéieren. Mä - an do si mir als Légis-
lateur gefuerdert, an d'Regierung och - mir
mussen d'Gesetzer an d'Reglementer méig-
lechst kloer an einfach an der Handhabung
gestalten, datt mer effektiv mat esou weíne-
g wéi méiglech Personal auskommen.

En anere Punkt, deen ugeschnidde ginn
ass, ass dee vun der Zesummenaarbecht
tëschen eenzelne Ministèren a Verwaltun-
gen. Mir stelle mat Satisfaktioun fest, datt
d'Regierung dorop reagiert huet, datt emol
op d'mannst am Finanzberäich e Projet
virläit, deen hoffentlech zum gudden Of-
schloss kënn, wou effektiv dann déi Ver-
waltungen an Zukunft méi enk zesumme-
schaffen.

Dann - an dat ass jo haut e bëssen de
Schwéierpunkt vun der Debatt gewiescht -:
d'Justiz, de Justizapparat. Dat ass delikat.
Dat wësse mer allerguer, well mer alleguer
bestriift sinn de Prinzip vun der Séparation
des pouvoirs ze respektéieren. D'Politik soll
sech net an d'Justiz amëschen dann, wann
et ëm d'Affäre geet.

Mä d'Politik ass awer zoustänneg derfir, fir
datt d'Justiz fonctionnéiert. An do kann een
net aus falscher Zurückhaltung, Beschei-
denheet - oder wéi soll ech et nennen? -,
aus Angscht déi Demarkatiounslinn do
iwwerschreiden, dann et u Courage an un
Determinatioun feele loossen, fir déi Dé-
faillancen, déi mer awer alleguer feststellen
a bedauern, ofzeschaffen.

Et ass ganz kloer eng Noutwendegkeet, fir
am administrative Fonctionnement an och
am Behuele vun der Justiz villes ze ver-
besseren. Et gëtt sech beklot iwwert
d'Lenteur procédurale, ënner anerem ass jo
deen ee wierklech déplorable Fall vum
Luxair-Accident och elo erëm an der Ak-
tualitéit. Dat ass eigentlech net ze be-

gräifen, wann ee weess, datt de Rapport technique praktesch no sechs Méint vir-louch.

Et gëtt sech scho laang, soulaang wéi ech mech kann zrëckerënnere, driwwer geier-gert, datt d'Fonctioun vum Untersuchungs-riichter net déi Bedeitung hei hätt, déi se misst hunn. Mir gesinn dat elo emol vum Personellen hier. Duerch virun allem jonk Leit, déi nach keng oder net vill Erfahrung hunn an als Untersuchungsriichter dé-butéieren, schleefe ganz dacks Dossieren, komme se net richtig vun der Plaz oder et ginn och nach Prozedurfeeler gemaach. Et wär sech wierklech ze iwwerleeën, datt d'Fonctioun vum Untersuchungsriichter méi géif opgewäert ginn an datt dat wierklech eng Filière wär, wou dann och virun allem Leit mat laangjähreger Erfahrung hiren Déngscht géife maachen.

» **M. le Président.** - Här Mehlen, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Minister Frieden?

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Selbst-verständlech.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech wollt just der Chamber rap-peléieren, datt mer dat virun e puer Wochen heibanne gemaach hunn. Well ech déi Meenung do deelen, hu mer d'Fonctioun vum Untersuchungsriichter a senger Carrière gehéicht, esou datt och e Vize-president vum Tribunal kann Unter-suchungsriichter ginn. Ebe just, well dat Leit si mat méi Erfahrung. Nach mussen déi Leit wëllen déi Fonctioun iwwerhuelen, well et eng ganz schwierig Aufgab ass.

Mä vun der Analys hier deelen ech dat. Duerfir hu mer dat och direkt gemaach.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Très bien. Dann hoffe mer, datt et och gräift, wéi Dir sot. Mä de Problem läit jo do, datt mer bis elo d'Méiglechkeet haten, datt ee vun där enger Säit op déi aner a vun där anerer Säit op déi eng Säit konnt wiesselen. Wann dat net de Fall wär, da géif dee Problem sech wahrscheinlech net stellen.

Dann e Wuert iwwert d'Informations-freedegkeet. Do kann ee sech eigentlech nëmme wonneren. Wann een d'däitsch Televisioun kuckt, da gesäit een, datt an Däitschland d'Justiz e ganz aneren Ëmgang mat der Informatioun u Bierger an un déi concernéiert Leit huet, wéi dat hei zu Lëtze-buerg ass. Do ass op jidde Fall nach ganz viles ze verbesseren.

D'Exécution des peines. Elo grad ass geschwat gi vum Juge d'application des peines. Dat ass eng Fuerderung, déi eis Partei och scho ganz laang opgestallt huet a wou ze hoffen ass, datt dat méiglechst séier ëmgemat gëtt.

De Moment fokusséiere mer eis jo op d'Schafung vun deem Conseil supérieur de la Justice; wat sécher eng gutt Saach ass. Dat gëtt och vun eis mat ënnerstëtzt. Nach bleibt ganz viles am Detail ze diskutéieren. Et ass op jidde Fall ze hoffen, datt dat relativ séier virugeet.

Aus der Approche eraus, datt et fir d'Politik jo schrecklech delikat ass, fir sech a ver-schidde Saachen anzemëschen, d'Politik awer leschtenenns als Sënnebock dosteet, wann et net fonctionnéiert. Duerfir ass et absolut noutwendeg, datt eng Instanz do-hinner kënnt, déi awer an absoluter Neutra-litéit an Impartialitéit do ass, fir déi Saachen ze richten, déi net richtig fonctionnéieren.

E Wuert zu de Problemer, déi et am Environ-nement gëtt. Ganz besonnesch mat den Autorisations de construire en zones vertes. Dat ass e Problem, dee mer elo kierzlech nach diskutéiert hunn, wou den Här Goerens eis rappeléiert huet, datt hien déi lescht Zäit als Environmentsminister vill Zäit domat verbruecht huet, fir just déi Dossieren do ze traitéieren.

Ech liesen am Rapport vum Ombudsmann - et ass jo net nëmme dës Kéier, wou dat zur Sprooch kouw -, datt de Minister geäntwert huet, datt et extrem schwéier ass, fir novoll-zéibar Kritäre fir déi Autorisatiounen opze-stellen. Mir sinn a bleiwen awer der Mee-nung, datt een do e maximalen Effort muss maachen, well d'Leit dobausse wierklech d'Gefill hunn, datt se dem absoluten Ar-bitraire vun enger Partie Leit do ausge-lüwert sinn.

Ech verstinn och de Minister, wann dee sech da schwéierdeet, sech heiansdo iwwer Décisiounen oder Recomman-datiounen vu senger Beamten ewechze-setzen, mä eng gutt Statsféierung zeechent sech doduerch aus, datt d'Kritären esou prezis wéi méiglech formuléiert sinn, och wann et hei net einfach ass. Mä et kann net sinn, datt an engem Fall een eppes refu-séiert kritt, an da gesäit een op eng Kéier,

datt eppes aneschters autoriséiert gëtt, wou jiddferree seet: Wéi ass dat doten da méig-lech?, well dat stéiert eventuell méi an der Landschaft, wéi dat, wat refuséiert ginn ass.

Här President, ech kéim domat esou lues zur Konklusioun. Mir deelen d'Meenung, datt de Bilan vun der Aktioun Ombudsmann absolut als positiv unzegesinn ass. Hien huet a ganz ville Fäll kënne Hëllef leeschen a ganz vill Fäll hëllef léisen iwwert d'Médiatioun.

E ganz positiven Aspekt ass och, datt mir eng Partie Ureegunge regelméisseg kréien a sengem Joresbericht, fir legislativ an administrativ Verbesserungen duerchze-féieren. Dat huet de Virdeel, datt déi Re-commandatiounen vun enger dach neutraler a pragmatescher Approche hier kommen.

E weideren Avantage ass de béise Fanger, deen a ville Fäll gemaach gëtt, dee sech dann och bis leschtenenns bei d'Acteuren an de Verwaltungen néierschleít. Well et huet ee jo och net gär, wann een ëmmer erëm eng Kéier bei den Ouere gezu gëtt.

Mir wëllen duerfir vun der ADR aus dem Ombudsmann a senger Equipe ee Luef fir seng Aarbecht aussprechen. Mir wëssen, datt hien als fréiere Regierungsmember an enger net ganz einfacher Startpositioun war - den Här Bettel hat dat kuerz uge-schnidden; e bësse männer diplomatesch, wéi ech dat elo hei maachen -,...

» **Une voix.** - Oooohhh!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - ...ganz besonnesch vis-à-vis vun der Justiz an der Fonctioun publique; wat Ressorte waren, déi hie virdrun als Minister hat.

Mä hien huet seng Aarbecht a voller Onofhängegkeet gemaach. Och do kann een d'Feststellung maachen, datt eng laang Mandatsdauer an esou engem Fall och vu Virdeel ass, well een effektiv déi leleboufräi-heet huet, déi ee brauch, wann ee wëllt laangfristeg eppes bewegen. Mir droen duerfir d'Motioun an d'Resolutioun mat. Mir ginn eiser Hoffnung hei Ausdrock, datt virun allem d'Asetze vum Conseil supérieur de la Justice ka kuerzzäiteg op de Wee bruecht ginn.

Mir als ADR wëllen an der Reform vun der Justiz nach ee Schrack méi wäit goen. Mir sinn aktuell amgaang dorun ze schaffen. Dat betrëfft och d'Organisatioun an de Fonction-nement vum Parquet. Ech hunn elo schonn e bësse drop higewisen, wou zum Beispill d'Nominatioun vum Procureur d'État 1991 héich Welle geschloen huet, déi bis hei an d'Parlament eriwergeschwappt sinn.

Här President, mir hoffen ofschléissend, datt d'Regierung och bereet ass, hir Verant-wortung ze iwwerhuelen, well wann de Rechtsstat - a virun allem d'Justiz - net richtig fonctionnéiert, dann huet de Bierger kee Vertraue méi an de Stat. Domat gëtt d'Fëllement vum demokratesche Stats-wiesen ënnergruewen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Schneider agedroen. Här Schneider, wann ech gelift.

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, er-laabt mer och nach e puer Gedanken e-riwwerzeginn zum Rapport vum Médiateur. Zweek Gedanken, déi virun allem eiser Frak-tioun och nach méi no louchen. An et war dat, wat d'Madame Err gesot huet. Et sinn all déi Beräicher, déi d'Sécurité sociale an den Emploi betreffen. Do ass aus deem ganze Rapport d'Linn erausgaangen, datt d'Leit virun allem un de Médiateur ginn - et huet een et un den Zuelen, déi hei genannt goufen, och säitens vum Här Bettel, gesinn - an deem Moment, wou et un d'eegent Fleesch - elo emol op Lëtzebuergesch gesot - geet, wou et ëm d'Revenuë geet, wou et ëm d'Indemnitéite geet, déi net oder ze spéit ausbezuelt ginn, wou och ganz einfach déi Berodung net klappt.

Hei wëll ech virun allem zwee Beräicher erauspicken. Deen éischten ass dee vun den Invalidepensiounen an deem zweeten ass dee vum Fonctionnement vun der ADEM, wou ech nach eng Kéier kuerz wëll drop agoen. Do si selbstverständlech eng ganz Rei vu Froen an der Commission du Travail et de l'Emploi an derniewent och an der Commission de la Santé et de la Sé-curité sociale beäntwert ginn. Et sinn och an der Tëschenzäit eng Rei Léisunge fonnt ginn. Do bleiwen awer nach ëmmer eng Rei Punkten op, wou och hautdésdags Leit onzefridde sinn.

Et ass ganz kloer, datt, wann de Moment zum Beispill d'ADEM iwwer 12.000 Leit age-

schriwwen huet, et selbstverständlech déi méi grouss sinn, déi reklaméiere géint Saachen, déi net klappen, wéi déi, deene ka gehollef ginn. Dat ass evident. Dat läit op der Hand. Dat wësse mir och zënter Laangem.

Ech géif also kuerz op déi zwou Recom-mandatiounen agoen. Déi éischt ass iwwert d'Invalidepensiounen, wou éischstens emol de Médiateur zu Recht d'Problematis op-gehäit huet, datt deene Leit, déi d'Invalide-pensioun entzu kruten, d'Recht geholl gouf, datt se vun der Commission mixte be-gutacht ginn. Si waren also net méi affiliéiert. Si goufen eben net méi traitéiert, well se keng Affiliatioun méi hate bei de Pensiounsversécherungen.

Hei goufen zwou Léisunge fonnt. An enger éischer Phas ass et esou, datt an der Tëschenzäit d'Commission mixte erëm all d'Demanden unhëlt vun dese Persounen, och wa si net an der Sécurité sociale am Lëtzebuerg System gemellt waren. An enger zweeter Phas ass an der Tëschenzäit och d'Gesetz vum 1. Juli 2005 komm, wat esou wäit geännert gouf, datt effektiv och déi Persounen, déi eng Invalidepensioun ofgehall kruten, kënne vun engem Re-classement externe profitéieren; och wann dat hei selbstverständlech derzou gefouert huet, datt dee sougenannten „strukturelle Chômage“ domat an d'Luucht gaangen ass par rapport zu virdrun.

Et muss ee sech politesch d'Fro stellen, awéiwäit een dese Gedanken net muss erëmhuelen, well an der Tëschenzäit eng ganz Rei vun deene Leit awer nach net fäeg sinn, um éischen Aarbechtsmaart respektiv um zweeten Aarbechtsmaart ze schaffen. Eigentlech gouf déi Invalidepensioun nëmme erausgelagert an eng aner Ver-waltung, esou datt och nach eng Kéier eng Méibelaaschtung op d'Servicer vun der ADEM kouw. Hei ass et wichteg nach eng Kéier grondleeënd iwwert déi dote méi restriktiv Approche vun der Anerkennung vun deenen eenzelnen Invalidepensiounen nozedenken.

Dat huet och en anere Problem, dee weider besteet. Et ass dee vun enger Persoun, déi e Reclassement externe huet, där hire Chômage souzesoen dann ofgelaf ass an déi awer nach keng Aarbechtsplaz konnt vermëttelt kréien iwwert de Reclassement externe. Dee Moment kritt se jo déi sou-genannten «indemnité d'attente», déi awer net pensiounsverséichert ass. Do besteet de Problem, datt déi Pensiounsjoren net viru-lafen, fir spéider och eng flott, eng richtig Pensioun kënne ze kréien.

Hei ass e Problem, deen och vum Médiateur zwar net opgehäit gouf, mä dee mir awer ganz wichteg schéngt an dësem Kontext. Deen ass genausou gutt, wéi dee Problem, deen de Médiateur opgehäit hat an deem mir elo probéieren am Statut unique - deen hoffentlech d'nächst Woch mat breeder Zoustëmmung wäert hei gestëmmt ginn - Rechnung ze droen.

Dat och bei Härtefäll, déi ganz einfach bei der Krankmeldung an enger Referenz-period vun 104 Wochen 52 Woche Krank-meldungen hunn. Hei wäert de Statut unique virgesinn, datt an extreme Fäll dës Referenzperiod kann adaptéiert ginn. Ech denken hei u Krankmeldungen, duerno Krankheeten, duerno eventuell een Aar-bechtsunfall. Dat heiten ass eng gutt Léi-sung fir Leit, déi effektiv an deenen dote Fäll ënnert déi dote Bestëmmunge géife falen. Et wär relativ einfach, wann een d'Referenz-period vun 104 Woche géif verlängeren an esou extreme Fäll.

Zum Schluss géif ech da virun allem och nach eng Kéier op d'Problematis vun der Recommendation agoen, déi de Médiateur gemaach huet am Kader vum Fonctio-nement vun der ADEM. Do sinn eng ganz Rei vu Saachen - an ech komme kuerz drop zrëck - an der Tëschenzäit geschitt. Et sinn awer och nach eng Rei Saachen an der Schwief a mussen an der Praxis ëmgemat ginn.

Hei hate mir am Virfeld als Kommissioun ee ganz flotten Débat zesumme mat der Verwaltung an dem Médiateur, fir déi eenzel Problemer, déi eenzel Recommendationen a virun allem och déi eenzel Kritikpunkten opzegräifen a probéieren ze behandelen.

D'Kritikpunkte vum Médiateur ware ganz einfach op eng Rei Punkten ausgeriicht. Deen éischte war dee bei der Luesche vum Ausbezuete vun deenen eenzelnen Indem-nitéiten. Ech denken hei un d'Indemnité de chômage, d'Indemnité de réemploi, och déi vum Apprentissage an déi - wéi schonn zitéiert - vun der Indemnité compensatoire beim sougenannten «Reclassement ex-terne». Do ass mat Sécherheet eng Lenteur, mä et ass all Kéiers deeselewichte Fléau hannendrun. Et ass deen, datt net genuch Leit do sinn, fir déi Dossieren do ze trai-

téieren; dat fir och deene Leit, déi op hir Sue waarden an déi kee finanziellt Lach kënne kréien, esou séier wéi méiglech kënne aus de Bredouillen ze hëllefen.

Derniewent gouf ëmmer erëm dee persona-liséierten Encadrement vun den Deman-deuren ugeschwat. Hei huet de Projet 5611 eng gutt Geleeënheet gebueden, fir deem entgéintzewierken. Dat gouf och gemaach. Dee sougenannten «Suivi individualisé» ass um Pabeier an an der Theorie ee ganz flott Evénement, dat och op eenzelne Plaze scho leeft, dat awer muss flächendeckend ausgebaut ginn. Hei ass et wichteg, datt virun allem och Gebailechkeete mussen hierkommen, fir déi Servicer kënne ze leeschten. Derniewent muss och dat néidegt qualifizéiert Personal bei der ADEM agestallt ginn, fir dat doten ze maachen.

Ee vun de Punkten ass jo d'Recomman-datioun, fir méi séier an de Prozedure virun-zekommen. Et geet drëm en zweeten Aar-bechtsdokter anzustellen. Dat ass jo och scho réaliséiert ginn. Och d'Recommenda-tiounen vum Médiateur gongen an d'Rich-tung vun der Qualifikatioun vum Personal. Dat mat enger ganzer Rei vun och wichtege soziale Komponenten, déi déi nei Mat-aarbechter vun der ADEM misste kréien.

Et geet net einfach nëmme duer, datt iwwer Schoulniveau ze maachen, mä et soll een och virun allem d'sozial Komponente beim Accompagnement vun den Demandeure matspille loossen.

Déi Recommendation, op déi ech net esou richtig aginn, ass déi, wou de Médiateur sot, datt hien éischer e Rotatiounssystem geséich ënnert deenen eenzelne Mataar-bechter. Ech gesinn eigentlech schwéier, wéi dat kéint goen. Eigentlech ass dat nëmme méiglech an engem Service, deem vum Placement, wou een effektiv mat engem Front- a mat engem Backoffice kënnt spillen, wou eng Wiesseluerdnung kéint geschéien, fir effektiv deem Burn-out-Phenomeen vun deenen eenzelne Leit entgéintzewierken, déi all Dag konfrontéiert si mat deene sëlliche Problemer a sëlliche Léisunge musse fannen.

Och bei de Patronen ass et wichteg, datt mer gutt Léisunge fonnt hunn, andeem och si mat an d'Boot konnte kommen, fir dee sougenannte Partenariat tëschent De-mandeur d'emploi, tëschent Verwaltung a Patronat ze fannen. Och hei ass an der Tëschenzäit eng ganz gutt Kollaboratioun entstanen.

De Problem, deen nach ëmmer net geléist ass, och wann en ëmmer erëm opgehäit gouf, och vum Médiateur an och säitens enger ganzer Rei Lieserbréiwer, déi een ëmmer erëm gesäit, ass dee vun deene sougenannte Bréiwer, déi net ukommen. Et gëtt souguer Reclaméibréiwer, déi net géifen ukommen. Hei muss ee sech effektiv d'Fro stellen, awéiwäit een ënnerstëtze kann, datt dat richtig leeft.

Ech géif zum Schluss vu menger Ried, Här President - ech mengen, ech hunn nach zwou Minutten - probéieren, dräi Saachen zrëckzebehalen.

Déi éischt ass déi, datt een den Aarbechts-minister misst ënnerstëtze bei sengen Démarché beim Finanzminister, fir him dat néidegt Personal zur Verfügung ze stellen, wat jo de Fall ass, mä et mussen elo am Rekrutement och nach déi richtig Leit fonnt ginn. Deen dote Prozess muss virulafen.

Zweetens, et muss schnell weidergoen am Bau vun neie Gebaier. Virun allem hei am Süden zu Esch ass geplangt, op de Frichen en zentraalt, neit Gebai ze maachen. Esou wéi ech héieren hunn, wäerten ab No-venber Container dohinner stoe kommen, mat deenen éischt Besoiné kënne erfëllt ginn. Och dat si Saachen, déi mer musse schnellstens ënnerstëtzen.

Drëttens soll een da wierklech nach eng Kéier nodenken iwwert de Sënn an Onsënn vun deene regelméisseg Suivien all 14 Deeg, déi mat engem gemaach ginn, vun deenen ech mengen, datt ee ganz vill Zäit an Energie kéint an aner Saachen inves-téieren.

An deem Sënn soen ech lech Merci. Merci och, Här President, fir déi kleng Zäit, déi ech méi geschwat hunn.

Ah, ech hat nach Zäit, gesitt Der!

